
# Menster: éist Duerf am Krich




Auteur: Jean Hurt

Et war d'Onofhängegkeetsfeier an der Gemeng Betzder, den 9te Juli 1939, déi sech mir deemools Zengjäregem an d'Gediechtnes ageschriwwen huet, a bis an haut mat villen Detailer nach ëmmer present as.

Do, sollen dann och meng Erënnerongen ufänken.

Et war eng Begeeschterong vu Jonk an Al déi matgeschafft an organiséiert hun. Honnert Jar onofhängech, huet de Schoulmeeschter expliziéiert, ëmmer nees, all Dag e lëtzebuergescht Lidd: d'Uelzecht, de Feierwon, zwee Kinnekskanner, mir si glécklech, mir si fräi, a mir wëllen et bleiwen, asw., auswenneg, mat ville Strofen. Lëtzebuerger Gedichter: de Rénert, d'Maus Kätti, asw.

Och d'Kanner sollte matmaachen, deelhuelen un engem Ëmzuch am Duerf an an der Gemeng: E roude Këpp um Kapp, e wäisst Hiem oder Blus, eng blo Box oder Jupe bei de Medercher. Éisen Schoulmeeschter war deemols den Här Joseph Altwies, deen eng grouss organisatoresch Responsabilitéit bei de Festivitéite gedroen huet.

An Huemes (*Demuth-Steffes*, haut *Walentiny-Mergen*) hierer Scheier, hannert dem Haus, gouf de Widdebierg op engem Heewon fabrizéiert. Hëlzen Dunnen a Baguette goufen zesummegezammert. Dodriwwer gouf Kanéngerchesdrot a Sakduch gezunn a gedréckt an dat Ganzt mat Gips beschmiert. Wéi alles dréche war, hun d'Usträicher den ieweschten Deel gréng ugestrach an Dännen opgestallt, dat war de Bësch, den ënneschten Deel war brong a gréng gemëscht, esou wéi d'Gewan. Eng Nisch an deem Bierg, wou am Hannergrond Fielse waren, huet eng Steekaul duergestallt, a vir, an der Entrée, stoung eng Huert: en hëlzent Gestellt, zwéi Meter héich an e gudde Meter breet mat Stréi a Ginzestraiss bekleet. E Poul huet déi Huert schif gestäipt. Esou eng Huert gouf dem Steenhaer Schauténge géint Reen a Sonn. - Dat war de Widdebierg op engem Lederwon, vun zwee Päerd gezun, zwee Päerd, déi mat Fändelen a Pabeierrouse behaange waren. E Steenhaer soutz ënnert der Huert op engem Stack an huet Paweesteng gehaen. Eng Rei Kanner, rout, wäiss, blo ugedoen, soutze ronderëm de Won.



*De Weier Mathias as de Steenhaer.*
*De Barthel's Edmond vu Ruedt huet d'Päerd aus Schmidden an der Léngt.*
*Am Fong e Kand, d'Lemmer Ady.*
*Si hun der Groussherzogin zougewénkt.*

All Duerf aus der Gemeng huet verschidden egen Organisatiounen iwwerholl. Sou hat Menster nach niewent dem Widdebierg, eng Uucht op engem Lederwon ageriicht, dann eng al Bauerenhochzäit, wou d'Männer Frack an Zilinder gedroen hun, d'Dammen hate laang Truechte bis op de Buedem ; e ronne Reef huet déi Kleder ganz wäit ausernee gehalen. De Marres Hänni (Schiltz Jean) vum Wangert as mat der Harmonika virausgaangen.






*- de Linckels Jemp mam Rad.*
*- de Marres Hänni (Harmonika)*

*- d'Brautpuer:*
*- Georgette Hurt an*
*- Emile Meyer*

*- d'Medercher:*
*- Schoos Léontine*
*- Scholtes Yvonne*
*- Scholtes Josephine*
*- Scholtes Anna*
*- Houdremont Maria*
*- Emering Anna*

*- d'Jongen:*
*- Schumacher Albert*
*- Scholtes Roger*
*- Mathes Camille*
*- Walentiny Michel*





Da koum d'Gräfin Ermesinde mat hirem Mann.

*- Reuter Mais, d'Gräfin.*

*- Walentiny J.P.*

*- Weber Alice an Delles Yvette hun, als Prënzekanner, d'Schleef gedroen.*

Och d'Bichelgréitchen huet net gefeelt.

Et soutz als Wäschfra verkleet, e wäisse Fischi um Kapp, op enger Kar. Virun him eng grouss Bidde mat Waasser. Mam Bleil huet et an d'Waasser geschloen an déi Virwëtzeg gutt naass gemaach.




*- Scholtes Emile als Bichelgréitche verkleet.*

*- De Schëmmel féiert de Kontesch Franz (Hilger).*

D'Pompjeë waren deen Dag d'Kadette vun der Sprëtz oder hun d'Zaldote vum Marschall Crequi, zu Fouss oder zu Päerd, duergestallt.

Da koum eng Koppel réimesch Patrizier an hir Zaldoten. Hannendrun e Won mat de Portrië vun der Grande-Duchesse Charlotte a vum Prënz Felix.



*Op dëser Photo bei Barthels hirer Kapell as*

*d'Koppel: Walentiny Maria an Hildgen Nicolas,*

*d'Zaldote sin:*
*rechts :*
*- Dondelinger Jacques*
*- Engel Fred*
*- Weydert Paul*
*- Weier Emile*
*Mëtt :*
*- Weis Ernest*
*lénks :*
*- Demoulling Lucien (virun der Kapell)*
*- Neuens Aloyse*
*- Mathes Edy*
*- Feipel René*



De Blannen Theis mat der Gei huet sech mat zouenen Aën vu séngem Hond un der Léngt féiere gelooss.

*- Bremer Jos. (Theis Notär aus der Neigaass) als Blannen Theis.*
*- an der éischter Rei:*
*Braun Marie-Josée*
*- Altwies Marie*
*- Linckels Irène (verdeckt)*



De Linckels Jemp, mat bloer Schipp bekleet, as mat engem Velo aus dem 19te Jarhonnert, mat Vollgummisrieder gefuer, e Schëld um Giddo «de Kilometerfresser».

E Grupp Kanner, rout wäiss blo gekleet, an den Hänn Fändelcher a Pabeierrousen, soutzen op Daangels Mätti (Mesenburg) séngem Camion an hu lëtzebuerger Lidder gesongen. De leschte Won am Ëmzuch war de Fräiheetswon.

D'Medercher, a laangen Truechten a mat engem Diadem um Kapp, hun déi verschidde Wopen aus dem Land virgestallt.

Gréiden Ugen (Georg) vu Ruedt huet d'Päerd an der Léngt.



*lénks vun him d'Hoffmann Cécile*
*rechts d'Arend Yvonne*
*laanscht d'Säit :*
*- Schiltz Anna (Chaussi)*
*- Apel Margréit*
*- Scholtes Amelie*
*- Scholtes Léonie*
*um Troun,*
*d'Fräiheetskinigin :*
*- Houdremont Anna.*

Esou as den Ëmzuch mat deene Rieder, Ouljer, Betzder a Bierger duerch d'Gemeng vu Bierg op Menster op d'Danzplaz gaangen, wou Riede gehale gi sin, an nach bis an d'Nuecht gefeiert gouf.

---

Den **10te Mee 1940**, e Freideg, hun d'preisesch Zaldoten éist Land iwwerfall. Et war eng äiskal Dusch déi eréischt am September 1944 resp. am Jar 1945 fir déi Internéiert, a fir vill vun den Zwangsrekrutéierten, en Enn kritt huet.

Den 10te Mee sin, op zwee Gleiser op der Eisebunn, Dräsinen, Gefierer mat véier Rieder ouni Daach, vun Dieselmotore gedriwwen, vu Ruedt erop Richtong Stad gerannt. Op den Dräsine soutzen Zaldote mat grogréngen Uniformen, mat Helm a Gewier, an hu ganz stur dragekuckt. Kuurzduerno sin Zaldoten zu Päerd, vum Widdebierg erof an d'Duerf kom. Éist Duerf war ewéi erschloen. An de suergevolle Gesiichter vun den Erwuessene konnte mir Kanner wéinegstens zum Deel erkennen, wat am Gaang wär.

Ëmmer méi Zaldote sin duurch éist Duerf gezun, zu Fouss, zu Päerd, motoriséiert mat Auto, Motorrieder, mat an ouni Sidekärercher. Vill Zaldoten hun am Duerf iwwernuecht, hir Päerd a Ställ a Scheieren ënnerdaggestallt, Feldkichen opgeriicht.


D'Leit sin an d'Epicerië gelaf, hu kaaft esouwäit se Geld haten: Zocker, Miel, Kaffi, geréischtert oder gréng, Marseiller Seef, Sunlicht, Vigor, Persil asw. Am Nu war alles eidel. D'Angscht huet d'Leit nët méi lassgelooss.

Op der Baach (rue du Canal), vun ënne bis uewen, vu Fiewesch *(Delles)* bis Philipps *(Café Hildgen)*, stoungen een Auto um aneren. Si hun ausgesi wéi Bussen ouni Fënsteren, däischtergréng ugestrach. Op eemol huet et geheescht: «Et si Sender». An et muss och esou gewiescht sin, well de **6te Juni 1940** hun déi Alliéiert nuets Bommen op d'Duerf gehäit,

déi déi Sender sollten zerstéieren. Zwou sin der hannert Schmidden (*Ronck-Wehr*) an d'Wise gefall an hun an der Scheier, duerch d'Hënnerdir, zwee Arméispäerd erschloen. Eng drëtt as hannert d'Kiirch op d'Routfeld gefall (*Linckels-Schuller*), e Blindgänger, an déi véiert as op d'Strooss (Hullemillen), vis-à-vis vun der Sakristei gefall an explodéiert. All Fënsteren an der Kiirch, eng schéi Bläiverglasung (deemols ouni Hellegefiguren), waren duurch d'Splitteren an de Loftdrock a Stécker gaangen, esou och d'Fënstere vun der ganzer Noperschaft. En Zaldot, dee bei de Sender Wuecht hat, huet kreesch gedoen: «In der Kirche sind sämtliche Fenster kaputt; auch sind etliche Puppen heruntergefallen (hie war Protestant). Dieser gottverfluchte Krieg.»

Glécklercherweis war kengem Mënsch e Leed geschitt.

Eng laang Zäit waren déi schéi Fënstere provisoresch duurch einfacht Mëllechsglas ersat gin; dach nach am Krich, an nach war de Jean Barthel Buergermeeschter, krut d'Menster Kiirch déi heiteg Fënstere vun der Firma Linster aus Mondorf geliwwert.



Das alte Pfarrhaus

*Esou huet no der Explosioun de Giewel (lénks) vum deemoolegen Härenhaus (haut d'Entrée vum Centre Culturel) ausgesinn.*

Schon den aneren Dag sin d'Autoen (Sender) a Wattholz an de Bësch gefuer. Wéi du nach kuurz derno aacht Bommen op Grëndelbruch gefall sin, waren déi mysteriéis Autoen op eemol verschwonnen.

Virum Krich waren hei zu Menster dräi Leit am Gemengerot: de Barthel Jean (Buergermeeschter), Welter Bernard a Meyer Nicolas († 1939). Wéi d'Nazien d'Lëtzebuerger ënner Drock gesat hun duurch eng Ofstëmmong iwwer Nationalitéit a Sprooch, an zesoen all Mënsch «lëtzebuerger», an nët däitsch, gestëmmt huet, gouf de Buergermeeschter Jean Barthel séng Demissioun. Dat war am Hierscht 1941 (10.10.).



*De Jean Barthel war och nom Krich Buergermeeschter, bis zu séngem Doud am Jar 1946.*



D'Betzder Gemeng ënnerstoung du dem «Amtsbürgermeister» vu Gréiwemaacher, esou och d'Gemenge vu Biwer, Manternach, Mertert, Fluessweiler a Wuermeldéng. Och den Etat Civil as zu Maacher verwalt gin.

De Gemengesekretär Wiltgen Jempi vun Ouljen goung aus Altersgrënn nët méi op Maacher, esou awer dach de Receveur Weis Ernest vu Menster (1.4.1942). An d'gezwongen "Umschulung" mit «Fahne hissen» koum hien op Koblenz an op Traben-Trarbach.

Zu Ruedt am Gemengenhaus as nach de Reuter Ferd. bliwwen, als Gemengebued a Bannpréiter. Och him séng Charge war et d'Bezugsschäiner fir Kleeder a Schong, esou och Tickeë fir d'Eesswueren, erauszegin. Eppes méi spéit war den Engel Jos. vu Menster Bannhidder. Hien as is Bouwen, wa mir an d'Kléistécker fir d'Kanéngercher kraude goungen, dacks nogelaf, an huet is och munnechmol erwëscht.

D'Leit am Duerf sin hirer Aarbecht nogaangen, och wann se dat nët mat Begeeschterong gemaach hun. Wéi seet dach e Sprechwuert «Den Honger dreift de Wollef aus dem Bësch».

Ëmmer méi Pressioun hun d'Nazien op d'Lëtzebuerger gemaach an hun eng Rei Organisatiounen agefouert, wéi d'HJ (Hitlerjugend), BDM (Bund deutscher Mädchen), VDB (Volksdeutsche Bewegung) an d'NSDAP (Nationalsozialistische Deutsche Arbeiterpartei). Aus Angscht waren déi meescht an deenen Organisatiounen; Angscht hir Kuuscht ze verléieren, Angscht op Staleck (fir Studenten) geschleeft ze gin oder an d'Ëmsiedlung, vu KZ emol nët ze schwätzen.

Ech erënnere mech, wéi mäi Papp, deen zu Ruedt an der Gare geschafft huet, heemkoum a gesot huet: «De Salli vu Ruedt liwwert kee Brout méi op Menster, hiirt Haus as haut beschlagnamt gin.»

De Kahn's Marcel erzielt: «Well mir Judde waren hu mir an enger éischter Etapp de ganze Rez-dechaussée mat der Bäkkerei misse raumen. E preisesche Bäcker huet du Brout gebak. Well d'Leit him awer kee Brout ofkaaft hun, huet e schon no e puer Deg nees agepaakt. Déi Zäit hu mir um éischte Stack gewunnt.

Kuurz derno, Enn Oktober 1940, krute mir Bescheed vun der Gestapo, mir missten éist Haus bannent 24 Stonne verloossen. Mäi Grousspapp, Raphaël Kahn, as bei sénger Duechter Bella ënnerdaach kom. Si hat en Appartement bei Gaffinet's Lisa hei zu Ruedt, eng Schoulfrëndin vun hir. Hien huet dat gewaltsaamt Verloosse vun éisem Haus nët iwwerlieft, hien as kuurz derno gestuerwen. Mir kruten en Ënnerdaach bei enger Famill zu Gréiwemaacher zougewisen. Mat deem Allernéidegsten huet den Daangels Mätti (Mesenburg) vu Menster is mat séngem Camion dohi gefouert.

De Februar 1941 si mir an dat onbesatent Frankräich op Montélimar geflücht. Wéi d'Gestapo och an deër Géigend hir Juddeverfolgung ausgedeent huet, hu mir is all getrennt, mäi Papp, méng Mamm, éise Roger an ech, an dat, an allen Himmelsrichtunge vum Frankräich. Ech goung an de Maquis; den 3.5.1945 si mir nees all heem an éis Bäkkerei kom.»




*Hei sin zwou Photoë vu Kahn's hirem Haus, - eng, virum Krich, - déi aner am Krich. An deem Haus goufen d'Versammlonge vun deene verschiddenen Organisatiounen ofgehalen. Och Menster huet zur «Ortsgruppe Rodt» gehéiert, vu wou aus déi politesch Aktivitéiten dirigéiert goufen.*




*NSDAP (National Sozialistische Deutsche Arbeiterpartei) Dës Photo (aus dem Marcel Kahn séngem Album) huet de Pierre Malget am Krich gemaach, deemools Schoulmeeschter zu Ruedt.*

Ëmmer méi Angscht virun de Nazien huet sech breet gemaach. Huet een eng Uniform gesinn: giel = NSDAP (National Sozialistische Deutsche Arbeiterpartei), blo = Bahnhofspolizei, grogréng = Zaldoten, schwaarz = Waffen SS, wäisst Hiem, um Aarm eng rout Band mat schwaarzem Hakekräiz op wäissem Fong = VDB (Volksdeutsche Bewegung), dann huet ee sech verdréckt fir nëmmen nët opzefalen.

Wa Leit erwëscht gi sin, déi sech queesch gestallt hun, déi an Ënnergrondorganisatiounen aktiv ware mat Streik, Sabotage, antipreisescher Propaganda, Desertioun, si se einfach standrechtlech erschoss gin. Net nëmme gouf is dat an den Dageszeitonge matgedeelt. Neen, -grouss Plakate sin iwwerall, esou och an éisem Duerf, opgehaange gin. D'Lëtzebuerger sollte wësse wéi et géing, wann se net géife paréieren.

> Das STANDGERICHT hat wegen Gefährdung des deutschen Volkes.............. (dann d'Nimm a grousse Buschtawen) zum Tode verurteilt.
>
> Das Todesurteil wurde heute um x Uhr durch Erschiessen vollstreckt.




erschoss, erhaang, gekäppt: d'Äntwert op de Streik vun 1942 géint d'Nazi-Diktatur

Feier-rout Plakaten hun de Mäerder hirt Uurtel vun de Maure gejaut!

Ech erënnere mech nach un dem Heiderscheid's Jempi (Coiffeur zu Ruedt) säi Brudder Emile, Leëndecker zu Dikrech, deen esou ëm d'Liewe koum. Waren d'Leit engem bekannt, dann huet een déi Massakeren duebel schrecklech ëmfond.

Engersäits hun d'Nazien déi human Oder vis-à-vis vum lëtzebuerger Mënsch ofgebonnen, anersäits hu se sech dann «tierschützend» gewisen. Esou war et verbueden d'Schwäin, déi geschluecht goufen, nëmmen ze steechen, si musste fir d'éischt mat enger Bomm (eng hëlze Klatz mat engem Still) oder engem eisene Stëft, duurch Schloen, betäubt gin. D'Päerd kruten d'Scheiklappen (e Stéck Lieder vun 10x10 Zentimeter um Päerdsgeschir nieft den Aën) ewechgeschnidden. - N.B. Dës positiv «Façon de faire» as och nom Krich bäibehale gin.

Wa mëttes keng Schoul war hu mir Schoulkanner mat deenen Erwuessene misse «Kartoffelkäfer» sammele goen. D'Preise soten, d'Amerikaner géifen «d'Kartoffelkäfer» mat de Fliger erofgeheien, fir och op déi Aart a Weis «Deutschland zu vernichten». Mir hate kleng Fläsche mat Petrol, an déi mer Käfer a Larwe gemaach hun. 70 bis 80 Leit, Grouss a Kleng, waren un esou enger Actioun bedelegt. Jidereen huet zwou Reie gekuckt, eng riechts an eng lénks.

Och Téi si mir mat dem Schoulmeeschter sammle gaangen, Téi «für die Wehrmacht». Am Bësch war dat de «Waldmeister», an den Hecken d'Schwaarzbierblieder, souwéi déi wäiss «Taubnessel», an de Feldweër Kanéilbloumen a «Wegerich», op de Beem, Lannebléien. Um Späicher vum Veräinsbau a vun der Schoul gouf den Téi gedréchent, dann a grouss Tute gemaach «und ab zur Sammelstelle».

An der Schoul, éier den Unterrécht ugoung hu mir missen opstoen, de rechtsen Aarm hiewen an zesumme soen: «Heil Hitler». Dat war op lëtzebuergesch ironesch: «de Männche maachen». Esou war et och bei engem Futtballsmatch. Déi zwou Equipe musste virum Match an d'Mëtt vum Terrain an enger Rei stoen, an dann de «Männche maachen».

An der Schoul hu mir déi schéi Lidder déi mir fir d'Onofhängegkeetsfeier geléiert haten, nët méi dierfe sangen. Aner Lidder koumen amplaz: Deutschland, Deutschland über alles...., Die Fahne hoch, die Reihen dicht geschlossen...., Die blauen Dragoner, die reiten ......, Frühmorgens singt die Amsel ......, Ein Tiroler wollte jagen....., O du schöner Westerwald ... asw.

An der Schoul as d'Bild vun der Groussherzogin Charlotte duurch en Hitlerbild ersat gin. D'franséisch Sprooch gouf nët méi geléiert; kee Subjonctif a keng onregelméisseg Verben hun is méi geplot; duerfir awer vill méi «Deutsche Heldensagen».

Och éise Virnum gouf geännert. Aus engem Nicolas gouf en Nikolaus, aus engem Armand en Hermann, aus engem Roger e Rüdiger, aus engem Jean e Johann, asw.

Mat Heel a Schëpp hu mir Bouwe mam Schoulmeeschter déi Plaz, wou haut d'Grott steet, am schuwreche Buedem gläich gemaach. Eng Sprangkaul mat Sand hu mir ageriicht. Völkerball war op der Tagesordnung. - Wéi sollte mir dach gin? - «Hart wie Kruppstahl, zäh wie Leder, flink wie Windhunde.»

Um Lampertsbierg an den Ausstellongshalen hun d'Nazien eng Expositioun vum russesche Vollek ageriicht: «Das Sowjetparadies». Et ware «Lehmhütten», een Zëmmer mat Erwuessenen, Kanner, Honn, Kaatzen, Hénger a Geessen durcherneen; kee Waasser um Krunn, Stroossen aus Bulli an Dreck, einfach schrecklech. Besonnesch d'Kanner goufen dohi gekarrt. Si sollten eng «Abscheu géint Russland kréien, an anersäits mierke wéi schéin a wéi gutt et am «Gau Moselland» (dat war éist Ländchen am Krich) an am «Vaterland Deutschland» wir.

All Dag as an der Schoul den «Heeresbericht» haart virgelies gin: Honnertdausende vu «Bruttoregistertonnen» si vun den däitschen «U-Booten» am Mier versenkt gin, och d'Stukaen hun nimools hiirt Zil verfeelt, asw., asw., stoung do dran. Et as ni dernieweent gaangen: «Der Rest wurde am Boden zerstört». Sin ech dann awer mat méngem Papp bei de Jos. Linckels (an hirem Keller hate mir éis Grompere leien) mat engem Kuerf Grompere siche gaangen, dann hu mir Kanner am Keller héieren: toc, toc, toc, toc, (de Jos. hat nämlech e Radio) a mir woussten: si lauschteren den Englänner, wat jo streng verbuede war. Vun deër Antenn koumen ëmmer nees Encouragementer vun éiser Groussherzogin Charlotte, déi sech mat der Famill an der Regirung, dem Zougrëff vun den Nazischergen entzugen hat.

Mäi Papp war da meeschtens gutt gelaunt, wann hien nees an de Keller koum. Ouni e Wuert ze soe wousst ech, dat villes am «Heeresbericht» falsch an iwwerdriwwe wir. As e Gielemännchen is ënnerwee begéint, da sot en: «Hief méi schwéier, obschon de Kuerf dacks eidel war, an nëmmen en eidele Sak driwwer louch. Hie wollt jo nëmmen den Englänner lauschtere goen, ouni verdächtegt ze gin.

All Dag sin elo Güterzich mat franséische Gefaangenen erof an Däitschland gefuer. D'Dire vun de Waggoe ware ganz op an en Deel vun den Zaldoten, an de kakisfaarwegen Uniformen soutzen um Buedem an hun hir Been, déi mat Gamasche gebonne waren, eraushänke gelooss. Bei der Barriär stounge mir dacks, hun hinne gewénkt a se bedauert.

Baussen op de Lokomotive stoung a grousse wäisse Buschtawe geschriwwen: «Räder müssen rollen für den Sieg.» Esou sin Dag fir Dag ganz Zich Spezialwaggoen mat Minett aus de Lëtzebuerger Grouwen an déi preisesch Fabrike geschleeft gin, fir Kanounen a Panzer ze fabrizéieren. Sot dach eng Kéier mat Stolz e preisesche Professer, dee sech virgestallt huet: «Ich heiße genau so, wie die Kanonenfabrik in Essen, K-R-U-P-P (KRUPP) Das luxemburger Erz ist sehr wertvoll.»

An der Gare an och an den Zich houngen iwwerall Schëlter: «Feind hört mit». Och de «Kohlenklau», e klenge, schwaarze Männche mat engem relativ grousse Kuelesak um Réck, war iwwerall affichéiert. Hie sollt d'Leit opmierksam maachen, Energie ze spueren: Diren a Fënsteren zouzehalen, wéineg Zëmmeren ze hëtzen, asw., asw.

Wéinst den Alliéierte Fliger huet owes misse verdunkelt gin. Eng Stroossebeliichtung as et deemools nët gin; an och hat kaum ee Rollueden. An den Zëmmere wou Luucht war sin d'Fënstere banne mat schwaarzem oder bloem Pabeier oder Duch behaange gin. D'Velosluuchte goufen zougepecht. Nëmmen e Schlitz vun engem op fënnef Zentimeter as opbliwwen.

Am Summer 1942 as tëschent Ruedt a Betzder en Zuch entgleist. D'Schraue vun de Schinne ware lassgedréit gin. - Sabotage ! - Camionen voll Zaldote waren op eemol am Duerf. «Hausdurchsuchung» war de Kommando. Vu Keller bis Späicher gouf alles duurchwoult. No décken Zaangen a Schlëssele gouf gesicht. Alles war opgereegt, well wien huet schon «alle Vorschriften» befollegt? D'Frae si gläich bei de Léngeschaf gaangen, kucken op nët tëschent de Läilecher dach nach eng rout oder eng blo Faarf vum Fändel géing erauskucken.

As e Jong op Hitlers Gebuertsdag (20.4.) op d'Welt kom, (d'Kanner komme jo bekanntlech, wéi et hinne passt) da war ee bei de Nazien «Ein Glückspilz und sollte zu Ehren des Führers: Adolf Hitler, den Sohn auf den Namen Adolf taufen.»

Huet een dat awer nët gemaach, war een automatesch bei hinnen am schwaarze Buch. Och an eisem Duerf gouf et esou e Buch an esou betraffe Leit.

Eng Kéier muerges waren d'Mauere vum Veräinsbau a vum Bur, do wou haut d'Schoul steet, x Mol mat grousse Buschtawen, ± 50 Zentimeter héich, a wässer Faarf bemolt. E groussen CH fir Charlotte, éis Grande-Duchesse. Esou séier sollten déi Menster nët nogin; wéi heescht et dach: «Si zidderen, mee si faarten nët.» Dat war 1941. Haut wees ech, datt den Ed. Feipel an den Aloyse Schiltz vum Chaussi d'Usträicher waren.

Vun 1942 un goufen d'lëtzebuerger Jongen an d'preisesch «Wehrmacht dientsverpflichtet». D'Medercher mussten an den «Arbeitsdienst», wann nët «mussten sie sich in der Landwirtschaft betätigen».

Ee vun deene Jongen, den Uselding Erny vu Betzder, huet gemaach wéi wann en daf wir. Wéi hien deem preiseschen Dokter dat Dafsin virgegaukelt huet, wees ech nët. Op jiddefall gouf hien als «dienstuntauglich» vun der Wehrmacht fräigestallt an als Bauerekniecht bei Ënnescht Wiertz op der Baach (Scholtes-Bina Mathias) verpflicht. Do huet hien den Dawe gespillt. Hien as dorëmmer gaange wéi e Roboter, ouni lénks nach riechts ze kucken. Sin d'Fliger ganz déif geflunn, mat engem onheemleche Krach, a sin d'Leit ënnerdachgelaf, hien huet gemaach wéi wann näischt wir, an huet roueg virun mat der Handsee Brennholz geschnidden. Huet een en op d'Schëller geklappt fir ënnerdaachzegoen, dann as en alt matgaangen. Mat him schwätze konnt ee jo nët, en huet einfach gemaach wéi wann en näischt géing héieren. Knaps waren d'Amerikaner do, huet hie geschwat an héiere wéi déi aner Leit och. D'Famill Scholtes an d'ganz Noperschaft ware platt.

Wéi scho gesot, vun 1942 un sin éis Jongen an d'Wehrmacht verpflicht gin. Schon éischter huet de Weier Emile, gebuer den 15.8.1916 hei zu Menster an der Millen, missen drugleewen. Hien hat bei Krichsausbroch nach, als Jéngste vu fënnef Jongen, déi däitsch Nationalitéit. Den Emile as op der Insel Krim a Russland, den 29.3.1942, gefall.

De Schiltz Léon vum Geeschtefeld, gebuer 1917, war den 31.3.1940 Gendaarm gin. Séng éischt Plaz huet hien an der Brigade Waasserbëlleg kritt. Hien hat Déngscht wéi d'Preisen, den 10te Mee, an éist Land agebrach sin. Hie gouf verhaft, koum op Tréier an d'Kasär Petersberg; no dräi Deg «wurde er nach Luxemburg Stadt abkommandiert». Den 13.1.1941 huet d'Gestapo de Léon doheem zu Menster verhaft, hie koum an d'Villa Pauly, duerno an de Prisong am Gronn, «wegen deutschfeindlicher Gesinnung». Den 12.4.1942 gouf hien entlooss aus Prisong a Gendarmerie. «Dienstverpflichtet» op d'Terre Rouge Esch fir sechs Méint, huet d'Arbeitsamt Esch, wou de Binsfeld René, e Menster, geschafft huet, him d'Erlaabnes gin, sech «in der Landwirtschaft zu betätigen». A Barthel's (Jean) huet hien déi lescht Zäit vum Krich verbruecht. Och den Haupesch Bampes (Weber J.P.) hat him Aarbecht a séngem Betrib ugebueden.

Et mécht him haut nach Freed ze erzielen, wéi hien, kuurz nodeem d'Amerikaner hei waren, an der lëtzebuerger Gendaarmsuniform, mam, vun de Preisen ofgesatene Buergermeeschter Jean Barthel, mat rout, wäiss, bloer Schärp bekleet, mat der Päerdskutsch, fir d'éischt nees, an d'Gemeng op Ruedt gefuer as.

Den Dezember 1940 schon, hun d'Nazien éis Fräiwëllege Kompanie an Däitschland op Weimar geschleeft, an no an no d'Gendaarmen, d'Police an d'Douanieren durch «Volksdeutsche» ersat. Esou och zu Ruedt wou de Bischowski Chef vun der Brigade gin as; de Lëtzebuerger Frank huet misse Plaz maachen.

Zwéi Menster Jonge waren deemools an der Fräiwëllege Kompanie, den Ehleringer Aloyse an de Feipel René. Allebéid ware si 1919 gebuer. Dem René séng lescht Noriichte koumen aus Polen. Wou hie gefall as, as nët bekannt. Eent as awer sécher, hie koum nët méi heem; hie gouf als vermësst erkläert.

Den Aloyse koum an d'KZ Buchenwald a kuurz duerno an d'KZ Oranienburg-Sachsenhausen. 1945 huet hien dee «berüchtigten Todesmarsch» vu Sachsenhausen-Schwerin mat 35.000 Internéierte matgemaach. Den Aloyse hat d'Häftlingsnummer Lux 47892. Säin Tagebuch iwwert deen «Todesmarsch» gouf publizéiert an der Revue mensuelle de la L.P.P.D. - RAPPEL - Janvier-Février 1974. Séng Fra, d'Maria Neuens, och vu Menster, huet mir dëst Dokument zoukomme gelooss.

*(Hei hannendrun dem Aloyse säin Tagebuch)*



# Todesmarsch: Sachsenhausen-Schwerin

### *Aus dem Aloyse séngem Tagebuch

*__Am 30. Januar 1933__ berief der deutsche Reichspräsident Paul von Hindenburg den verpfuschten Dekorationsmaler und ehemaligen politischen Strafgefangenen Adolf Hitler zum Reichskanzler. Zwei Monate später, am 24. März, erhält Hitler auf Grund des eben erlassenen Ermächtigungsgesetzes unumschränkte Verfügungsgewalt. Deutschland hat aufgehört, ein Rechtsstaat zu sein.*

*In diese Zeit fällt auch die Errichtung des Konzentrationslagers Oranienburg, in dem Hitler politische Gegner mundtot gemacht werden. Das Lager besteht bis Anfang 1935 und ist bis dahin längst zu klein geworden. Auf einem 388 ha großen Gelände wird ein neues Lager erstellt und eingerichtet. Das Lager hat 68 Wohnbaracken für Häftlinge, SS-Kasernen, Verwaltungstrakte, Depots für Material, Proviant .....*

*Dann: Waschräume, die Gaskammern sind. Arrestzellen. Geräte des Strafvollzugs, für Folter und Hinrichtung, Galgen, Genickschußanlage, Schießstand, Krematorien. Es wurde erschossen, gehängt, vergast, zu Tode gequält, mit Phenol aufgespritzt, mit dem ersten besten Knotenstock, Kanteisen, Gewehrkolben, Stuhlbein erschlagen; es wurde verbrannt. Oft lebendigen Leibes.*

*Oranienburg-Sachsenhausen war nur eine der vielen Massenvernichtungsstätten Nazi-Deutschlands. Zehn ehemaligen SS-Blockführern des Konzentrationslagers Oranienburg-Sachsenhausen macht z.B. das Kölner Schwurgericht den Prozeß. Sie werden der Erschießung von 10.000 russischen Kriegsgefangenen beschuldigt. Dem ehemaligen SS-Hauptscharführer Otto Kaiser, Hauptangeklagter, wird zudem vorgeworfen, er habe einen Häftling mit einem Schemel erschlagen, zwei Häftlinge bei eisiger Kälte mit Wasser übergossen, dreiunddreißig junge Polen zur Erschießung ausgesondert.*

*Sachsenhausen-Prozeß in Köln, Auschwitz-Prozeß in Frankfurt: wohin auch immer ein Deutscher gestellt wurde, da tat er seine Pflicht, mit dem Schemel oder mit dem Strick.*

*Menschlichkeit war ihm fremd. Ausnahmen waren nur die, von denen "das andere" nicht gefordert war.*

*Von __Juli 1936 bis April 1945__ passierten etwa 200.000 Häftlinge das Konzentrationslager Oranienburg-Sachsenhausen. Rund die Hälfte davon verließ das Lager "durch den Schornstein". Nachdem die Häftlinge zuvor die Galgen, Gaskammern, Genickschußanlagen passiert hatten oder auf eine der hundert von den Nazis ersonnenen Arten totgeschlagen worden waren.*

*Im __Januar 1945__ befanden sich 58.000 Häftlinge in Oranienburg-Sachsenhausen. Wie Schlachtvieh zusammengepfercht. Beim siegreichen Vormarsch der Sowjetarmee in den Apriltagen des gleichen Jahres begann am 20./21. die Evakuierung des Lagers. Die Häftlinge sollten nach Lübeck marschieren, dort auf ein Schiff verladen und in der Ostsee versenkt werden.*

*Während etwa dreitausend kranke Männer und vierzehnhundert Frauen und Kinder im Lager zurückblieben und von der Roten Armee befreit wurden, begann am 20./21. April für 35.000 Häftlinge der Todesmarsch von Sachsenhausen nach Schwerin.*

*Den Todesmarsch der 35.000 von Oranienburg-Sachsenhausen schildert im folgenden Lux. 47.892, "einer, der dabei war". Sein Bericht ist ein Stück Zeitgeschichte, eine Erinnerung an die schwärzesten Tage Luxemburgs, leidvoller als die mörderischen Tage des "schwarzen Todes", denn hier war der Großteil eines nahezu 90-Millionenvolkes zu Mördern und Totschweigern geworden. Zu einem Volk der Richter und Henker.*

*Zur Erinnerung und zum Andenken an unsere unvergeßlichen 19 Kameraden, von den SS-Henkern in der Nacht vom 1. zum 2. Februar 1945, im Konzen-*

Dës Säit ass offréiert vun: TOITURE MODERNE, COLMAR-BERG

*trationslager Sachsenhausen-Oranienburg ermordet, sei es mir vergönnt, den berüchtigten Todesmarsch dieses Lagers zu rekonstruieren.*

*Wir schreiben* ***Freitag, den 20. April 1945****. Ein sonnenklarer Frühlingstag. Seit einigen Tagen rücken ca. 35.000 Häftlinge, die sich noch im Lager befinden, nicht mehr zur Arbeit aus. Der Krieg ist verdächtig näher gerückt. In der Ferne hört man das Grollen der russischen Artillerie. Jeder von uns verspricht sich durch das Näherrücken der Fronten die Befreiung aus jahrelanger Knechtschaft und Not.*

*Der heutige Tag ist mit einer besonderen Spannung geladen, ist es doch der Geburtstag Hitlers, des Gewaltherrschers über das tausendjährige Reich. Bestimmt bringen Amerikaner und Engländer "dem geliebten Führer" ihre Glückwünsche dar. Um 9 Uhr heult die Sirene. Etwas später hört man bereits das Brummen der ersten Geschwader, welche über uns hinwegbrausen. Sie wollen nichts von uns, doch Oranienburg, eine ca. 100.000köpfige Stadt, welche bereits am vorhergehenden 13. April ein Bombardement größeren Ausmaßes erlebte, wird durch zahlreiche Spreng- und Brandbomben in Schutt und Asche gelegt.*

*Aus Türen und Fenstern stürmen die Häftlinge zum Appelplatz. 35.000 Köpfe schauen den wie zum Paradeflug ausgerichteten Staffeln nach, welche ihre tödliche Last über Oranienburg ausladen. Im Sonnenschein sieht man deutlich das Fallen der Bomben. Alle Baracken erzittern: Staffel auf Staffel, hohe Rauchfahnen, in Trümmer fallende Häuser, das Bersten der Sprengbomben, die Panik der Häftlinge, das Schreien der schwerbewaffneten SS-Leute im Lager vereinigten sich zu einer schauerlichen Symphonie. Aber das Lager bleibt unversehrt. Oranienburg wird "coventriert".*

*In der Nacht vom* ***20. zum 21. April*** *beginnt die Evakuierung des Lagers. Wir erwachen durch die große Unruhe im Lager. Scheinwerfer spielen, schwer bewaffnete SS-Posten laufen im Lager hin und her. Das Lager soll evakuiert werden. Jetzt, wo die Freiheit so greifbar nahe scheint! Der Appellplatz steht schon voll von Menschen. Es sind Frauen und Tschechen, die als erste das Lager verlassen. Wir Luxemburger sind 25, außer Hoffmann Jim, Harpes Josy und Jungblut Josy, welche mit ihren jeweiligen Kommandos ausmarschieren. Kamerad Hess Georges blieb wegen einer Fußverletzung im Lager zurück und wurde später mit den im Krankenbau verbliebenen Häftlingen von der Roten Armee befreit. Wir versammeln uns, suchen Zeit zu gewinnen, drükken uns herum, aber bleiben geschlossen zusammen.*

*Gegen 4 Uhr an diesem Samstagnachmittag bleibt uns nichts anderes übrig als das Lager zu verlassen, beladen mit ein paar Habseligkeiten und einer Decke. Die Aufstellung erfolgt in Fünferreihen, abgezählt in Hundertschaften und jede Marschkolonne 500 Mann umfassend.*

*Hier die Namen der 25 Luxemburger, welche beim Todesmarsch dabei sein werden:*

*Bauler Jean-Pierre, Bonnevoie*
*Barbier Jean, Diekirch*
*Braun Jean, Bonnevoie*
*Becker Ed., Rollingergrund*
*Clemen Robert, Hagen*
*Ehleringer Aloyse, Wintrange*
*Elsen, Mathias, Steinheim*
*Fonck Ady, Goeblange*
*Frieden Edy, Kleinbettingen*
*Geisen Albert, Gilsdorf*
*Govers Georges, Luxembourg*
*Goerens Pierre, Waldbillig*
*Goedert Willy, Bonnevoie*
*Hamilius Victor, Differdange*
*Herber Etienne, Bereldange*
*Hoffmann Johny, Hobscheid*
*Hoffmann Paul, Osweiler*
*Holweck Pierre, Vianden*
*Huss Alfred, Differdange*
*Kerschen René, Howald*
*Kiewel Nic., Dudelange*
*Nilles Paul, Niederkerschen*
*Reichert Jacques, Pfaffenthal*
*Roeff Pierre, Bettendorf*
*Trauffler René, Luxembourg*

*Die Luxemburger bleiben zusammen, etwa in der Mitte der Kolonne, umgeben von Franzosen, Belgiern, Polen, Ukrainern usw. Am Tor erhalten wir die letzte Marschverpflegung, je 4 Mann 1 Brot à 3 Pfund und eine Büchse Blutwurst à 800 Gramm.*

*Beiderseits der Marschkolonne marschieren schwer bewaffnete SS-Posten, auf je 5 Häftlinge ein SS-Henker. Jede Kolonne muß einen mit Maschinengewehren, Munition und Verpflegung für die SS schwer beladenen vierräderigen Anhänger schieben. Jeweils werden ca. 200 Häftlinge wie Pferde vorgespannt. Die einen ziehen an Stricken und Ketten, die andern schieben. Die Kolonne kommt nur langsam vorwärts. Ausgehungert, unterernährt, krank und durch die jahrelange Haft des Marschierens ungewohnt, mit Holzschuhen an den Füßen und dünne, blauweiß gestreifte Häftlingskleider tragend, schleicht die Kolonne den Weg entlang. Bis 19.30 Uhr sind ungefähr 8 Kilometer zurückgelegt. Unsere Kolonne erreicht bei dem Dorfe Hohenbruch einen Bauernhof und übernachtet im Freien.*

*Die Witterung ist passabel, die Nacht aber kalt mit Morgentau.*

***Sonntag, den 22. April*** *gegen 4.30 Uhr das übliche Wecken mit Fußtritten und Gewehrkolbenschlägen. Abmarsch 5 Uhr, in der gewohnten Fünferreihe mit beidseitiger Beschützung, aufgepflanztem Seitengewehr, scharf geladen. Geringfügiges Verlassen der Kolonne bedeutet gleich Fluchtversuch und der Häftling wird auf der Flucht erschossen. Das Ende der Kolonne ist jeweils durch drei SS-Leute, Spezialisten im Umlegen, gesichert. Wir werden es noch erleben, welche Arbeit sie leisten. Die 375 Gramm Brot und 200 Gramm Blutwurst sind von den meisten Häftlingen bereits verzehrt. Der Hunger stellt sich ein. Wann wird es wieder etwas zu essen geben? An diesem Tag regnet es ohne Unterlaß. Wir fangen in der hohlen Hand das fallende Regenwasser auf, um wenigstens einen Schluck trinken zu können. Gegen Mittag entdecken wir im Straßengraben die ersten erschossenen Häftlinge der vor uns marschierenden Kolonnen. Die drei zum Schluß der Kolonne marschierenden SS haben ganze Arbeit geleistet. Schuß mit der Pistole 08 in die Schläfe und die ganze Schädeldecke ist zertrümmert, wahrhaftig Spezialistenarbeit und zudem ein rascher und schmerzloser Tod. Der Marsch geht an diesem Tag ohne Unterbrechung, an Löwenburg vorbei über Grieben, Herzogenburg bis Neuruppin, Marschleistung ca. 30 km bis 22.30 Uhr. In einem kleinen Wäldchen hinter Neuruppin dürfen wir uns zum Schlaf hinlegen.*

***Montag, den 23. April****, 6.30 Uhr Wecken nach SS-Art, nach angenehm verbrachter Nacht, in strömendem Regen, unter freiem Himmel, beschirmt durch blattlose Baumkronen. Abmarsch 7 Uhr. Was wird dieser Tag uns bringen? Es ist ein nieselndes, trübes Wetter. Der Hunger wird schlimmer, die naß am Leibe hängenden Kleider sind schwer wie Blei, die Füße in den Holzschuhen sind wund gelaufen und schmerzen immer mehr. Die Leichen der nach Schema SS erschossenen Häftlinge liegen bereits zu 2 bis 3 nebeneinander im Kot und Schlamm des Straßengrabens. Wir nennen sie die 10-Meter-Steine. Doch der Marsch geht unverdrossen weiter an Katerbow, Rägelin und Rossow vorbei bis nach Herzsprung. Wer nicht mehr mit kann, bleibt auf der Strecke. Marschleistung an diesem Tag ca. 35 km. Ankunft gegen 6 Uhr abends in einem Bauernhof in Herzsprung. Übernachtung wir üblich, beschützt von einer Doppelpostenkette von SS-Wachleuten. Weiterhin trübes, nieselndes Wetter.*

***Dienstag, den 24. April****. Um 7.30 Uhr Wecken und sofortiger Abmarsch. Wir brauchen ja kein Frühstück und "die Drecksäcke" brauchen sich sowieso nicht zu waschen, das hat bis jetzt glänzend der Regen besorgt. Die Parole geht um, daß laut Führererlaß kein Häftling lebend in die Hände der Alliierten fallen darf. Also deshalb wird der schwere Anhänger mit Maschinengewehren und Munition mitgeschleppt! Vielleicht bietet sich die Gelegenheit, in irgend einem Steinbruch alle Häftlinge miteinander niederzumähen. Die Zeit hatte man bis jetzt noch nicht, denn die russische Front rückt uns gewissermaßen auf den Fersen nach, in etwa 5 bis 10 km Entfernung.*

*Der Marsch geht unerbittlich weiter, die Häftlinge schleppen sich nur noch dahin, vor Hunger wird manchem schwarz vor den Augen, doch gute und in bitterster Not zusammengeschweißte Kameraden lassen keinen im Stich. Zu Tode erschöpft, stützen wir uns gegenseitig und helfen dem Freunde und Leidensgenossen, die schwachen Momente zu überstehen. Wenn er es bis zur Abendrast schafft, kann er sich wieder ein wenig erholen und ist für diesen Tag gerettet. Es ist wohl der schwärzeste Tag auf dem Todesmarsch. Hunderte oder Tausende, den Gewehrschüssen und der Pistole 08 zu Opfer gefallen, verbrämen die Straßengräben mit ihren ausgemergelten Körpern. Die Marschleistung an diesem Tage ist entsprechend gering, ca. 11 km. Gegen 16 Uhr erreicht unsere Kolonne einen Bauernhof, das Gut Liebenthal, (welch ironischer Name) in der Gemeinde Pappenbruch. Die Witterung ist inzwischen etwas besser geworden, es regnet nicht, aber es ist feucht und kalt. Man räumt uns sogar ein, daß wir in der Scheune und im Heuschober schlafen dürfen. Dies aber nur aus Bequemlichkeitsgründen für die wachhabenden SS-Posten.*

***Mittwoch, den 25. April****. Morgens kein "Raus ihr Drecksäcke"! Wir schauen uns vorsichtig um, aber die SS-Doppelpostenkette steht noch immer, unentwegt, Gewehr schußbereit, um eventuelle Flüchtlinge niederzuschießen. Viele Häftlinge stehen nicht mehr auf, so wie sie sich hinlegten, sind sie in der Nacht gestorben, ganz von selbst. Todesursache: typische Lagererkrankung, Kreislaufstörung, Schlaganfall, Herzschwäche usw. Es wird bereits Mittag, noch immer erfolgt kein Abmarsch, was mag geschehen sein? Vielleicht ein Wunder? Und ein Wunder muß es schon sein, denn gegen 18 Uhr erhält jeder, der es glaubt und miterlebt, ganze 6 Stück Pellkartoffeln. Etwas klein aber immerhin. Man bedenke, am fünften Tage des Marsches als einzige Verpflegung 6 Stück Pellkartoffeln! Jetzt, wo wir*


Dës Säit ass offréiert vun: TRANSPORTS LORANG, FINDEL
Dës Säit ass offréiert vun: WAGENER-HOLLERICH Mme, SENNINGEN



Das Wagenkommando Sachsenhausener Häftlinge. Sämtliche Transporte mit schweren Lastkarren wurden ohne Trecker oder Lastauto durchgeführt. Wie Vieh wurden Häftlinge vor den Wagen gespannt. Um ihre Leistung zu steigern, drosch die SS-Begleitwache mit Knüppeln, Stöcken und Gewehrkolben auf sie ein. Sklavenarbeit, bei der mancher Häftling zu Grunde gerichtet wurde. Unsere Aufnahme vom Wagenkommando wurde bei SS-Banditen gefunden.

*bereits ans Hungern gewohnt sind, gibt man uns unerwartet was zu essen. Um 20 Uhr erfolgt plötzlich der Abmarsch. Wir marschieren während der Nacht, vorbei an Wittstock, Eichenfelde, bis zu unserer Ankunft um 1 Uhr nachts an der Sammelstelle im Walde bei Below. Nach einer Marschleistung von 20 km passieren wir die SS-Postenkette, die um dieses Waldstück gezogen ist, und bemerken, daß die überlebenden Häftlinge der vor uns marschierenden Kolonnen bereits eingetroffen sind. Wir legen uns auf den Waldboden und schlafen.*

*Zeitlebens wird die Erinnerung bleiben, durch so manchen Alptraum wieder wachgerufen, an diesen Abend, wo wir bei Beginn der Dämmerung durch die Straße von Wittstock unsere ausgemergelten Körper dahinschleppten. Zu meiner Rechten bricht ein junger Ukrainer aus der marschierenden Kolonne aus. Vor einem rosarot getünchten Bauernhaus, mit großem Misthaufen davor, will er sich an einer steinernen Viehtränke den Durst löschen. Ein älteres, hageres und hinkendes Bäuerlein, möglicherweise ein vergrämter, kaiserlicher Kriegsveterane des Weltkrieges 1914-18, heute fanatischer Anhänger der Nazis, steht gestützt auf seine Mistgabel an der Stalltür und sieht sich die vorbeiziehende Kavalkade an. Doch plötzlich, als er den dürstenden Häftling an seiner Tränke erblickt, rühren sich in ihm Mut und Tatendrang, will er doch auch seinen Beitrag zum bereits fraglichen Sieg Hitlerdeutschlands leisten. Er verwehrt dem Dürstenden und Unwürdigen den Schluck Wasser, indem er tätlich mit seiner Mistgabel gegen diesen "Schwerverbrecher" vorgeht. (Übrigens gehörten laut SS-Propaganda alle K.Z.-Häftlinge zu der übelsten und gefährlichsten Sorte von Schwerverbrechern und Raubmördern). Das tätliche Vorgehen des Bäuerleins gegen diesen dürstenden Häftling ist jedoch die richtige*



Dës Säit ass offréiert vun: WALENTINY-HOUDREMONT NICO, MENSDORF

*Herausforderung an die mordlüsterne SS, welche sich gewöhnlich angesichts der Zivilbevölkerung etwas passiver verhielt, um nun ihrerseits mit Gewehrkolben und aufgepflanztem Seitengewehr gegen diesen armen Häftling vorzugehen. Endresultat: der Ukrainer, in einer knappen Minute, von SS und Bäuerlein zusammengeschlagen, landet tot oder zumindest tödlich verletzt auf dem Misthaufen. Mag das fanatische, blöde Bäuerlein mit der Leiche auf seinem Misthaufen fertig werden! Die schleichende Kolonne zieht mühsam ihrem Schicksal entgegen.*

***Donnerstag, den 26. April.*** *Die Witterung ist abermals kalt und regnerisch. Nach dem Aufwachen am Morgen merken wir, daß die andern Häftlinge sich bereits häuslich eingerichtet haben. Aus Laub, Ästen und Zweigen wird eine Hütte gebaut. Endlich ein Dach überm Kopfe! Auch lodert bald ein kleines Feuer; wie gut die Hitze tut! Soweit das Auge reicht, Waldhütten, Erdhöhlen und Laubdächer. Wären nicht annähernd 20.000 Menschen, ausgehungerte Menschen, wahrlich, man könnte glauben, man habe uns in den australischen Busch versetzt. Ausgemergelte, seit Tagen ungewaschene und unrasierte, zerrissene Gestalten hocken um das Feuer. Überall sieht man, wie Gefangene in Konservenbüchsen und Kochgeschirren Suppe kochen. Wasser vermischt mit Brennesseln und andern Gräsern. Ringsum sind die Doppelpostenkette und Maschinengewehrposten aufgestellt, und im Wald ist eine Panzerabteilung der SS untergebracht.*

*Daneben bietet sich uns ein Anblick, der sich von Tag zu Tag noch furchtbarer zeigen wird. So wie die Menschen nachts ankamen und einschliefen, so lagen sie am Morgen... tot, zu Hunderten. Es war ein furchtbarer Anblick und ein längerer Aufenthalt bedeutete für alle das Ende. Um uns das Sterben leichter zu machen, gab es gegen Abend als Verpflegung pro Mann ca. 30 Gramm Speck und einen Eßlöffel voll Grütze. Alle Kameraden sind der Meinung, daß wir hier vernichtet werden sollen.*

***Freitag, den 27. April****. Dasselbe Bild. Auch dieser Tag bringt uns eine naßkalte Witterung. Als Verpflegung erhalten wir pro Mann einen Eßlöffel voll Mehl und zu hundert Mann eine Büchse Blutwurst, pro Person, ganze 8,5 Gramm. Die SS treibt einen furchtbaren Scherz mit uns. Der Mut der Luxemburger wird ein wenig gehoben, als sie die Nachricht erreicht, Hoffmann Jim und Harpes Josy seien entlassen worden. Auch kommt an diesem Tag Kamerad Trauffler René von uns fort. Er war im K.Z. Sachsenhausen Krankenpfleger im Revier I. Er wird von den beiden SS-Lagerärzten Dr. Garberle und Baumkötter verpflichtet, in einem in der Ortschaft Grabow errichteten Revier als Sanitäter bei kranken Häftlingen tätig zu werden.*

***Samstag, den 28. April.*** *Regen und Regen. Mit durchnäßten Kleidern hocken die noch lebenden, halbverhungerten Gefangenen um das Feuer. Doch um die Mittagszeit erhebt sich im ganzen Walde von Below ein tosendes Gebrüll. Etwa ein Dutzend Lastwagen des Internationalen Roten Kreuzes, die uns ständig nachgefahren sind, werden mit großem Jubel begrüßt. Je drei Mann erhalten ein Rotkreuzpaket (2,5 kg) mit Keks, Fleischwaren in Büchsen, Käse, Pudermilch und Zigaretten. Es war Hilfe in höchster Not. Sie kam für viele zu spät.*

***Sonntag, den 29. April.*** *Um 9 Uhr vormittags beginnt der Abmarsch aus dem Walde von Below. Zu Hunderten liegen die kranken, sterbenden und toten Häftlinge umher. Die Kranken aber können nicht mehr auf die Beine kommen, sie sind viel zu schwach. SS-Mannschaften durchstreifen das Lager und in ihrer bekannten Güte sind sie so human, diesen Häftlingen den Gnadenschuß zu geben. Aburteilung und Sühne für SS-Verbrechen heißt es heute in der Deutschen Bundesrepublik. Aber wer kennt diese Mörder, wer soll sie zur Anzeige bringen? Die Toten reden nicht mehr, die Überlebenden haben sie nur einmal gesehen und kennen ihre Namen nicht.*

*Aber jenen SS-Mann, der auf diesem berüchtigten Todesmarsch keinen Mord beging, den sollte man kennen. Er müßte heute, nach fast 30 Jahren, noch mit dem E.K.1. mit Eichenlaub und Schwertern ausgezeichnet werden.*

Tëschent Werdau an Zwickau koum ech an amerikanesch Gefaangenschaft; d'Russe waren déi aner Säit, mir hätten hinnen d'Hänn kënnte reechen.

E puer Deg louche mir do an de Wisen, bis mir zu Stuttgart an enger Fabrik ënnerdaach koumen. Ongeféier 50.000 Gefaangener waren do.

No a no as dat Lager opgedeelt gin. Ech hu mech fir


e Convoi op Köln gemellt. Vun do sin ech du «per pedes» mat engem Jong vun Tréier bis op Tréier gaangen. Ënnerwee krute mir vun de Leit alt eng Gromper oder eng Kuuscht; et hat jo keen eppes. Zu Tréier ukom, sin ech gewuer gin, datt vun der Kasär Petersberg aus, franséisch Militär-Convoien op Lëtzebuerg géinge goen. Si hu mech an d'Stad op d'Aldringer Plaz bruecht. De Mokels Ed. (Muller) huet mech mat séngem Auto den 17.7.1945 heembruecht.»

Menster, den 20.1.1998

Als Erënnerung un dës schwéier Zäit an als Undenken un éis gefale Jongen gouf kuurz nom Krich e Monument geschaf.

Eigentlech sollt dat Monument sech baussen, widder d'Mauer vun der Kiirch uleën. Well verschidden Deeler aus nët ganz haardem Stee sin, sollt e klenge Bau aus Widdebierger Hasteen mat engem Suedeldaach vu Leë gedeckt, dat Gantz protegéieren. D'Fräe waren deemools ze héich, gouf gesot, an esou steet et haut an der Kiirch.

Dat Monument gouf vun engem fréiere Menster geschaf, dem Klees Birnbaum, Steescultpteur zu Hayange an der Lorraine. Säin Hemechtshaus war Brauten.



*De Stee mat de Nimm vun de Gefalenen:*

*Feipel René, Mathes Edouard, Weier Emile, um Sarkosphag, an de Stee mat der Schrëft:*

*O DU DO UOWEN DEM SENG HAND DURCH D'WELT D'NATIONE LED.*

*O GEF ONSEN JONGEN, GESTUERWEN AM FRIEMEN LAND 1940-1945, HIREN VERDENKTEN LO'HN AN DER EWEGKET.*

*as en echte Widdebierger Sandsteen.*

*D'Statuen, am Monument agebaut, sin :*

*- d'helleg Barbara, d'Patréinesch vun de Biergaarbechter; och un d'Widdebierger Steenhaer as domat geduecht ;*

*- den hellege Willibrord, éisen Nationalhellegen.*

1954 huet de Klees Birnbaum an de Jacques Kaiser (de Père Keeser) dat Monument opgeriicht. De Brendel Gerhard war déi eenzel Deeler mam Trakter op d'Grenz, op Fréiséng sichen.

De Klees Birnbaum huet Menster dat Wierk geschenkt; den deemolege Paschtouer Armand Scholtes wousst dat ëmmer nees ze schätzen.





*Op dëser Schoulphoto vum Pierre Emering, vum 6.4.1933, sin all Jongen, déi ënnert der Wehrmacht gelidden hun. As et Zoufall, oder war et eng Viranung, si all schon deemools beieneen op engem Bild ze hun. Dräi Jonge sin nët op dëser Photo. Si waren du nach nët hei am Duerf: Neuens Aloyse a Jean-Pierre, Schiltz Aloyse (Neigaass).*

*Vu lénks no riechts :*

*Et sëtzen do:*

*1. Klein Adolphe (vum RAD zréckgesat),*
*2. Rollinger Gast. (eng kuurz Zäit zu Menster),*

*3. Mathes Ed., 4. Emering Pierre, 5. Welter Raymond, 6. Altwies Eugène (* 1929, † 1940 - war nach nët an der Schoul), 7. Engel Fred, 8. Weydert Paul, 9. Houdremont Paul.*

*Et stinn an der éischter Rei :*

*1. Zemmes Lucien, 2. Feipel Ed., 3. Kremer J.P. ,*
*4. Walentiny Michel,*

*5. Demoulling Lucien, 6. Houdremont Ed., 7. Friederich Alfred, 8. Kaiser J.P. († 1941), 9. Walentiny Aloyse.*

*Et stin an der hënneschter Rei :*

*1. Bleser Jules (Paschtouer), 2. Feipel René, 3. Foschette Marcel, 4. Auge Marcel,*

*5. Ehleringer Aloyse, 6. Mathes Emile, 7. Scholtes Roger, 8. Mathes Camille,*

*9. Schiltz Aloyse (Chaussi),*
*10. Altwies Joseph (Schoulmeeschter)*

Scho Mëtt 1940 huet de Krich, och wat d'Eesswueren ugeet, sech ëmmer méi bemierkbar gemaach. Dat wäisst Brout gouf duurch Kamëss ersat; Tickeë sin all Mount verdeelt gin, fir Brout, Fleesch, Miel, Zocker, Uelech, Tubak asw. Alles ze soe war rationnéiert. Niewent dem Geld (DM) musst een och Tickeën hun, soss krut een näischt. Ëmmer méi Kanéngercher, alt honnert Stéck, Hénger an Hunnen, hun d'Leit gezillt. D'Hamsterer sin aus der Stad kom, mat Schong, Woll, Stoft, Faarf, Tubak a Schokela. Mir Kanner ware frou wann de «Butterbach» opgetaucht as; dann hat de Papp säin Tubak a mir éis Séissegketen. Hien as da mat Botter, Speck, Ham, Äer, Kanéngercher a Poulet-en erëm heemgaangen. - Nët ze vergeessen, datt d'Hamstere streng verbuede war.

All Haus hat zwee, och alt méi Schwäin am Stall. Gouf eent geschluecht, da koum de «Wiegemeister» et weien, an dem Gewiicht no goufen et dann eng

Zäit laang keng Fleeschtickeë méi. Et war eng gëlle Regel, dat Schwäin esou liicht ze maachen ewéi nëmme méiglech. D'Féiss an d'Ouere goufen erofgeschnidden, esou och eng gutt Schläiss vum Bauchspeck; d'Fieder, d'Éiercher an d'Lennespëtzten hun ëmmer gefeelt; de klare Speck iwwert de Réck gouf op zwou Säite ganz schif geschnidden, esou datt déi zwee Deeler bal nët méi zesummegepasst hun.

Niewelaanscht gouf munnech Schwéngche gezillt, an da schwaarz geschluecht. Da war eng Opregong am Haus; d'Preisen hu jo näischt dierfe gewuer ze gin. De Péitchen Dondelinger an de Jos. Walentiny waren éis Metzler. Ech hu mech scho grouss gefillt, well ech konnt «Schmiere» stoen.

Nët ëmmer as dat esou riicht ausgaangen. Bei enger «zoufälleger» «Hausdurchsuchung» (eng Brannteweinskontroll) hat d'Gestapo eng Kallefshaut a Mokels (Muller - Schmit) hirem Keller fond. «Stante pede» goufen den Ed. Muller an d'Catherine Arend - Muller, esou wéi se do waren, verhaft, den Ed. an der Bäkkerei an d'Catherine am Kéistall. Deen Hals iwwer Kapp erbäigeruffenen Aloyse Beckius, Bäcker vu Wuermer, hat all Méi deen iwwergeschwapptenen Deeg an der Knietmaschin nach ze verschaffen. Den Ed. war eng Woch am Prisong am Gronn, d'Catherine zwéin Deg. Ech erënnere mech nach gutt wéi et vum Zuch heemkoum; am einfache Schiirtech as et bei Wiertz, de Bruchpad aus, a Mokels gaangen.

Gezei a Schong konnt ee nëmme kafe wann een e «Bezugsschäin» hat, Schäiner, déi een nëmme periodesch krit huet. D'Leit hun déi al Pulloveren a Strëmp opgezugen, aus zwee eent gemaach, och wann d'Faarf nët grad beienee gepasst huet. Stëppelkottëng gouf mat der aler Woll zesummegestréckt, fir dat Ganzt ze verstäerken.

Alles zesoe war rationnéiert. Holz, Briketten, Kuele fir Kachmaschin an Uewen, ware rar Artikelen. D'Leit sin an d'Bëscher gaangen, Holz a Fäsche rafen, esou datt een do nët emol méi e Kueberäis konnt fannen. Eng Heizong gouf et deemools nach nët am Duerf.

Trotz Tickeën huet dach keen am Duerf brauche schwaarzen Honger ze leiden. Wann et nach laang nët all Dag Fleesch gouf, da war dach ëmmer eppes um Dësch. Nët nëmme Freides goufen et Paangecher, Eisekuchen oder Kniddelen. Gromperen, mat Brach a Mëllech, waren nët ewechzedenken.

Ausser Friichten, Geméis an Uebst, aus Gaart a Feld, ausser Schwéngs-, Kanéngerchers- an Héngerzuucht, as et och nach Fleesch a Botter (schwaarz), Mëllech, wäissen a gekachtene Kéis gin. Vill grouss Véi war deemools am Duerf. D'Baueren haten ongeféier 8 bis 18 Béischten. Duurch Hamsteren oder Matschaffen an engem Bauerebetrib si Miel, Eër, Speck, Ham a Botter erausgefall. Watfir Bauere waren deemols am Duerf? - De Stroosen no, versichen ech se opzezielen, mat der Zuel vun de Päerd déien ugaangs Krich an hire Ställ waren:

| Strooss | Numm | Hausnumm | Päerd | Haut |
|---|---|---|---|---|
| Floufank rue de la Grotte | Demuth - Steffes Nicolas | Huemes | 3 | Walentiny-Mergen Jean |
| - | Kaiser - Weydert Nicolas | Paarten | 2 | Gillen-Kaiser Jean |
| Wiertzbierg rue de l'Ecole | Arend - Beying Jemp | Wiertz | 2 | Arend - Hilger Norbert |
| Neigaass rue Neuve | Goergen - Ferring Misch | Mechels | 1 | Mechelsplaz (Gemeng) |
| Op der Baach rue du Canal | Scholtes - Bina Mätti | Ënnescht Wiertz | 1 | Scholtes - Biwer Roger |
| Zäerdebierg rue de l'Eglise | Apel - Scholtes Math. | Apels (Flëps) | 2 | Jung-Waxweiler R. |
| - | Hoffmann-Speicher Pitt | Anegréits | 1 | Muser - Holcher Pierre |
| - | Ronck - Wehr Nic. | Schmidden | 3 | Ronck - Hansen Jos. |
| Milleneck rue du Moulin | Weber - Schritz J.P. | Haupesch | 2 | Hilger Jos. |
| Haaptstrooss rue Principale | Barthel - Beying Jean | Huemes | 2 | Barthel - Biwer Marco |



| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| | Wirtz - Schmit Theodor | Al Schoumesch | 2 | Schmit Jos. |
| Huelgaass rue de Beyren | Dondelinger-Mangen Demi | Viischt Kneppches | 2 | Dondelinger-Engel J.P. |
| - | Hansen - Stemper Hari | Ketten | 2 | Schons - Dockendorf Ern. |
| - | Morbach - Weber Jean | Kleppesch | 2 | Hermann - Georg Charles |
| - | Mangen - Mangen Misch | Schlass | 3 | Mallinger - Wagner A. |
| - | Engel - Muller Misch | Wëllems | 2 | Engel - Rock Roger |
| - | Engel - Klein Misch | Hënnescht Kneppches | 3 | Kamp Rudi |
| Wangert | Walentiny - Schmit Jean | Peppéngesch | 3 | Walentiny - Steines Jos. |
| - | Mathes - Cigrang Jeng | Seils (Zigrangs) | 2 | Mathes - Haller Emile |
| - | Bauer - Hilger Will | Theis | 1 | Bauer - Benecké Guy |
| - | Klein - Leyder Mätti | Steemesch | 3 | Deciu Nicolae J. |

Total : 21 Bauerebetriber mat engem Duurchschnëtt vun 12 Béischten = 252 a 44 Päerd

Niewent dësen exklusive Bauerebetriber gouf et 1940 nach eng Rei Häiser déi nieweberufflech Véi gehalen hun. Och si waren esouzesoen „Selbstversorger". Et waren déi «kleng Leit»; si haten e klenge Betrib, meeschtens ouni Päerd. Si haten eng bis zwou Kéi an e Bautz, Schwäin an Hénger, waren op hire Bauer ugewisen, deen hinnen d'Aarbecht mat Päerd a Maschinne gemaach huet: plouen, séien, méien, Hee a Friichten, Holz, Gromperen a Rommelen heemféieren. D'Leit hun hirem Bauer gehollef am Hee an am Karschnatz, Grompere setzen, Rommele läiteren, kappen, eraushuelen, Dëschtele steechen asw. E gutt Verhältnis hate si mat hirem Bauer. Et waren:

| **Strooss** | **Numm** | **Hausnumm** | **Haut** |
|---|---|---|---|
| Hullemillen rue de Roodt | Scholtes - Wecker Nic. Schneider | *Wiertz* | Ast - Greisen Gilles |
| - | Reuter - Arend Nic. Rentner (Gemeng) | *Lisen* | Thiel - Reuter Georges |
| Floufank rue de la Grotte | Schmit Jean Eisebunner | *Baach* | Walentiny - Mergen Jean |
| - | Ehleringer Math. Steenhaer | *Scheier* | Beidler |
| - | Neuens - Schmit Misch Eisebunner | *Neuensen (Oudels)* | Heynen - Schriewer R. |
| - | Hildgen - Lakaff Nic. Steenhaer | *Pippen* | Thillges Guy |
| Zäerdebierg rue de l'Eglise | Delles - Scholtes Ed. Schräiner | *Fiewesch* | Fieweschplaz (Gemeng) |
| Kiircheneck rue de l'Eglise | Stemper - Hansen Jean Steenhaer | *Hessen* | Costa Marques Da Silva - Monteiro José |
| - | Linckels - Schuller J.P. Eisebunner | *Tocken (+ 1 Päerd)* | Linckels - Schuller J.P. |
| Wiertzbierg rue de l'Ecole | Hoffmann - Schmit Léon Schmadd | *Schmadds* | d'Schmaddshaus (Gemeng) |
| - | Possing - Haag Rentner | *beim Johanni* | Waringo - Raus Jeannot |
| - | Hildgen-Jacquemin Pir Wiirt | *Philipps* | Weis - Hildgen Ernest |

| | | | |
|---|---|---|---|
| Schromenhiel<br>rue de l'Ecole | Welter - Engel Bern.<br>Brenner | *Schromen* | Hoffman - Hengel Nico |
| Neigaass<br>rue Neuve | Schiltz-Schwarz Math.<br>Aarbechter | *Schilzen<br>(+ 1 Päerd)* | Schiltz - Schmit Ad. |
| Danzplaz | Muller-Hübsch Georges<br>Eisebunner | *Neiens* | Muller - Schmit Math. |
| - | Flammang-Bauer J.P.<br>Eisebunner | *Flammangs* | Colbach - Mergen R. |
| Breedestrooss<br>rue de l'Eglise | Mesenburg-Houdremont M.<br>Transport | *Daangels* | Mesenburg Marthe |
| Milleneck<br>rue du Moulin | Konsbruck Theodor<br>Eisebunner | *Thomessen* | Gehlhausen Jeannot |
| - | Athen-Birnbaum Nic.<br>Wiirt | *Brauten* | Schumacher-Bintner A. |
| - | Weier - Schumacher Math.<br>Miller | *Millen* | Weier - Stirn J. |
| - | Thill-Dondelinger Vic.<br>Transport | *Daangels<br>(+ 1 Päerd)* | Kiebel B. |
| - | Kaiser-Friedrich Jacques<br>Eisebunner | *de Keeser* | Schiltz-Goergen R. |
| Geeschtefeld<br>rue d'Ubersyren | Feipel-Hummer Jean<br>Gemengenaarbechter | *Feipels* | Feipel-Neumann Ed. |
| - | Schiltz-Linden Math.<br>Steenhaer | *Marres* | Streitz - Schiltz Nic. |
| - | Weber-Spedener Hary<br>Eisebunner | *Auissen* | Materossi-Conte Maria |
| Chaussi<br>rue Chaussée | Schiltz-Linden Jeng<br>Woner | *Marres<br>Meeschter* | Schiltz-Gottal Al. |
| - | Weier-Binsfeld Math.<br>Steenhaer | *Bouferdéngs* | (Gemeng) Bouferdengsplaz |
| - | Houdremont-Ernster Nic.<br>Eisebunner | *Keeser* | Winter-Houdremont Ed. |
| - | Meyer-Hildgen Maurice<br>Schneider | *Schneider* | Nafziger-Lehmann E. |
| Haaptstrooss<br>rue Principale | Konsbruck-Torgau Jean<br>Aarbechter | *beim Jeër* | Scorlong |
| - | Bohler-Rischard Jos.<br>Wiirt | *Bohlesch<br>(+ 1 Päerd)* | Penning - Chaussy Fr. |
| - | Streff-Houdremont Jos.<br>Schräiner | *Emerings* | Emering-Kieffer P. |
| - | Waldbillig Albert<br>Schlässer | *Schneider* | Domingues Heleno Carlos |
| Am Bruch<br>rue Bruch | Muller-Schmit Jean<br>Wiirt | *Mokels* | Schmit-Mersch H. |
| Wangert<br>rue Wangert | Kaiser-Haag Pierre<br>Eisebunner | *Tocken<br>(+ 2 Päerd)* | Kaiser-Wagner Jos. |
| - | Demoulling-Goedert P.<br>Aarbechter | *Dëmléngs<br>(a Jangen)* | Demoulling-Schiltz M. |
| - | Schiltz-Eischen Jean<br>Eisebunner | *Marres* | Dockendorf-Baumann P. |
| - | Reuter-Haag Theodor<br>Steenhaer | *Théidis* | Wahl-Reuter M. |
| - | Muller-Bierscheid J.P.<br>Steenhaer | *Binzen<br>(+ 1 Päerd)* | Heyman-Fabert P. |
| - | Zemmes-Staar Jean<br>Aarbechter | *Zëmmessen<br>(Preisen)* | Zemmes Lucien |

Total : 40 Häiser mat engem Duurchschnëtt vun 2 Béischten = 80 a 7 Päerd



„D'Winterhilfswerk" gouf agefouert, d.h. all Mount eng Kéier sin d'Leit aus dem Duerf, à tour de rôle, mat enger Béchs, déi versigelt war, vun Haus zu Haus Geld sammele gaangen „für die Wehrmacht im Osten". Bei deër Geleënheet krut een dann bëlleg Gips- oder Bakkelitsfiguren (Honn, Kaatzen, Teddybieren, Vigel asw) ± véier Zentimeter grouss, déi een och nach konnt uspéngelen.

Nët laang huet et gedauert (1942) bis datt d'Wehrmacht d'Päerd beschlagnamt huet. Zu Ruedt an der Hullemillen hun d'Baueren all hir Päerd misse virféieren, mat hinne misse goen, lafen, stoe bleiwen. E preisesche Vëterinär huet se ofgeklappt, den Houff ënnersicht, an d'Maul gekuckt. Da koum d'Uurtel : „Ja oder nein ! Für den Krieg geeignet". Ëmmerhin 20 % sin esou fir bëlleg Geld beschlagnamt gin. Munnech Päerd, dat 1939 nach e Fräiheetswon gezugen hat, huet elo misse Kanoune schleefen. „Mir selwer", seet de Schmidde Jos, „hu se och nach missen op d'Gréivemaacher Bréck féieren."



*Zwee Biller vun esou enger Päerdsvirféierong hei am Ländchen.*



Fir d'Aarbecht awer nach kënnen ze maachen, hun eng Rei Baueren sech Ochsen ugeschaaft. Ech erënnere mech un Huemes, Kleppesch, Seils, Bohlesch, Wëllems.

Ëmmer méi Haass huet sech breet gemaach. An de Cafeë sin d'Leit beienee komm (Amusement, Danz an Theater ware verbueden), hu geklot a gehofft, hire Misär an hir Roserei am Béier an am Schnaps erseeft. Esou waren se och eng Kéier a Mokels beieneen, hun d'Uelzecht gesummt an du lues gesongen. Op eemol erwëscht den Daangels Vic. (Thill) aus dem Milleneck e Stoul, hëlt den Hitler vun der Mauer, trëppelt e kabott a geheit alles mat der Rumm, ee Beedel mam aneren, an den Uewen. „Esou war et", seet de Arend Fern., „ech war derbäi." Scho muerges fréi huet d'Gestapo de Vic. ofgeholl an an d'Villa Pauly, den Haaptsëtz vun der Gestapo, bruecht. Ausser enger Warnung „wegen Trunkenheit" war him kee gréissert Leed geschitt.

Fiewesch (Delles - Scholtes Ed.) haten hannert dem Haus am Gaart dräi Beiestäck a Këschte stoen. Si ware rout, wäiss, blo ugestrach. Du koum „d'Mahnung", si missten déi Këschten aneschter ustráichen. Si hun dat awer nët gemaach. Den Ëddes huet se einfach ëmgestallt: Rout, blo, wäiss. Et huet nët laang gedauert, du krute se hire Radio beschlagnamt. Nët vill Radioe waren deemools am Duerf. Mat dem Vermierk: „Sie bieten nicht die Gewähr", sin déi meescht kuurzerhand konfiskéiert gin, sou och a Seils. De Mathes Emile seet: „Bei is, an an Dëmléngs huet de ganze Wangert den Englänner gelauschtert; éis Stuff war dacks ze kleng."

Dem Schmadd säi Vic. (Hoffmann) hat am Schraueschaf, lénks hannen an der Schmëdd, e Pouster vum Franklin Roosewelt a Maansgréisst bannent der Dir mat Pinnässen opgehaangen. „Deen dobanne bréngt et", sot en alt zu is, „dir wäert gesinn." Mir Bouwen hun dat nët esou richteg verstanen, a wann hien nët do war, an hien hat de Schlëssel steeche gelooss, si mir hannert d'Dir luusse gaangen. Nom Krich si mir gewuer gin, datt de Vic. bei der LPL war (Lëtzebuerger Patriotesch Liga).


Eemol d'Woch gouf an der Stad eng Voiture mat Ëmgesidelte Lëtzebuerger un den Zuch no Waasserbëlleg-Tréier ugehaangen. Da war de Quai vun der Polizei ofgespaart. D'Familjen, d'Frënn an d'Bekannten hu sech trotzdeem afond. Äddi hu si gesot, mat Kräischen, Wénken a Jäizen. Ergräifend Zeenen hu sech do ofgespillt bis den Zuch fortgefuer as, Zeenen, déi ech nimools ka vergeessen.

*Aloyse Sünnen, Paschtouer zu Menster vun 1939 bis 1948.*




Den 10.9.1943 huet éisen deemolege Paschtouer Aloyse Sünnen éis Par misse verloossen „wegen deutschfeindlicher Gesinnung". Hie gouf aus dem ganzen Dekanat Betzder verbannt. Effektiv huet dee Paschtouer sénger Antinaziastellong, bewosst an och onbewosst, fräie Laf gelooss. Esou huet hie bewosst um Priedegtstoul géint de preisesche Regime gedonnert. D'Bibel, mat hire Gläichnësser, a besonnesch, wann de Judas, d'Pharisäer oder Léiwen am Bond waren, huet deem ganz intelligente Mann Material geliwwert, sénge Parkanner séng antinationalsozialistesch Ménong ze soen, si ze tréischten an hirem Leed. Munncher een an der Kiirch, déi ëmmer voll besicht war, huet deem aneren en Aën zougedréckt, wann hie séng zineschspatz Bemierkunge gemaach huet.

Am zivile Liewen as et him dacks geschitt datt säi spontaant Gemitt mat him derduerchgoung, wann e sot: „Ech kenne méng Pappenheimer, an dat do as och en h.... P...., en h... P..., deen huet och de Roff (dat war déi roudelzeg ronn Spéngel vun der NSDAP ( Ø 3 cm). Bis d'Amerikaner koumen huet den Emile Donckel, geeschtleche Professer am Seminär, mat dem Paschtouer Emil Felten vu Ruedt den Déngscht hei an der Kiirch gemaach. Hien as nach ville Menster bekannt a beléift bliwwen. Wie kennt nët:



*Emile Donckel*



E. DONCKEL

So ward

DIE PFARREI MENSDORF

*Den Einwohnern von Mensdorf in dankbarer Erinnerung an 1943-1944 gewidmet*

1959
SANKT-PAULUS-DRUCKEREI A.G. - LUXEMBURG

"So ward die Pfarrei Mensdorf", séng Artikelen iwwer Menster am Sonndesblat an a munnecher Broschür vun éisem Gesangveräin.

Trotzdeem d'Wehrmacht ëmmerméi Problemer krut: am Osten: Stalingrad, am Westen: d'Landung vun den Alliéierten an der Normandie, as d'Nazipropaganda mat hiren Organisatioune riicht viruggaangen.


„D'Brandwache" gouf agefouert, d.h. déi erwuesse Männer, all Nuecht hirer aacht, sin bis aus dem Duerf (de Wangert aus, de Péines op, a Wattholz, d'Hullemillen of) an der Däischtert getréppelt, fir Saboteuren a Brandstéfter ze detektéieren. Dat war natiirlech Waasser an de Pëtz geschott, a munnech verstopptenen, desertéierte Jong, krut bei deër Geleënheet säin Eesse bruecht; esou huet nom Krich de Welter Raymond mir erzielt, deen dacks de Folschette Marcel gefiddert huet. De Marcel war, wann et am Duerf brennsleg gouf, vun Zäit zu Zäit an der Feldschmëdd an der Steekaul op der Lampecht, verstoppt. Dës Schmëdd as leider nom Krich ofgerappt gin. Vun do aus huet en och alt séngem Papp, dem Néckel, dee Pilzen oder Holz gesammelt huet, d'Kuuscht an och den Tubak aus der Paltongstäsch geklaut. De Remo (Welter), deen am Fong éise Léiermeeschter am Futtball war, huet ni bei is e Wuert iwwert séng patriotesch Activitéite fale gelooss. Nom Krich doriwwer ugeschwat, huet e gelaacht a sot: „Dir ward mer dach nach ze gréng, Jongen".

Angscht hun d'Nazien is gemaach, d'Amerikaner géife Brand- a Gasbomme geheien, fir Däitschland zur Kapitulatioun ze zwéngen. Jiddereen, grouss a kleng, krut eng Gasmask, déi ëmmer „griffbereit" huet misse sin. Ënnen am Duerf, niewent dem Haus Erny Weis-Schmit, hun d'Gemengenaarbechter, Hummer Jean a Feipel Jean, mat Spuet, Schëpp an Heel, e Waasserbekken als Reserv fir Feier ze läschen, ± 15 x 15 x 1, ausgehuewen. D'Bruchbaach huet dat néidegt Waasser geliwwert.

Is fofzéng- a siechzéngjäreg Jongen hun d'Preisen nach 1944 op Ansebuerg an „Wehrertüchtigungslager" gestach. Mam Zuch si mir bis op Miersch gefuer, an du zu Fouss mat der Waliss laanscht den Hunnebuer bis op Ansebuerg gaangen. Et war deen Dag terribel waarm; mir koumen eppes ze spéit un a goufe scho gläich vun engem ausgedéngte Wehrmachtszaldot ugekatzt. Do louche mir an Zelter wou mer nët vill geschlof hun, well mer den alliéierte Fliger nogelauschtert hun, wann se koumen, a wann se nees zréckgefluge sin. - Muerges beim Appell krute mer gläich gesot datt déi Fligerei nët vill ze bedeiten hätt, an datt dem Hitler séng Geheimwaff nees alles „zu Gunsten Deutschlands umkippen würde."

Samschdes virun den Ouschteren 1944, ech louch mam Linckels Ammi bei der Syr a Nidderbann, mat enger Weid, Spéngel an Zwirschfuedem, ze fëschen, du sin op eemol zwéi Jaboen am Déifflug iwwert de Widdebierg geschoss kom. Eng Damplokomotiv hu se a Wattholz, hannert der Barriär, genee do wou de Bësch ugeet, mat Bordwaff beschoss. Heem an hire Keller si mer gelaf, esou séier éis Been is konnten droen. Duerno si mer kucke gaangen. D'Lokomotiv war duurchlächert wéi eng Seibecken; et war en Damp wéi wann eng Scheier géing brennen. D'Kugelen haten och d'Schinnen duurchschloen. De stole Kär war derduurchgaangen, de Koffermantel hat sech erofgestréppt, an houng nach an de Lächer. Och d'Eechen, bis en halwe Meter déck, déi um Bor vum Bësch stoungen, ware komplett duurchlächert an hu missen ëmgeseet gin. Am Bréil louchen zëch Hülse vun der Bordwaff, ± 10 cm laang. Wéi e Wonner, weder dem Lokführer nach dem Heizer war e Leed geschitt.

D'Amerikaner sin ëmmer méi no kom an d'Wehrmacht huet sech zréckgezugen. Ugangs September 1944 iwwer d'Eisebunn as et op zwee Gleiser „Heim ins Reich" gaangen. Iwwer d'Strooss zu



*Op dësem Bild eng Rei Hülsen déi de Ronck Jos. deemools am Bréil fond huet.*

*An der Mëtt zwéi Splittere vun de Bommen, déi de 6.6.1940 hannert hiirt Haus gefall waren.*

Ruedt koumen Autoen, Motorrieder a Panzer, een um aneren. Mäi Koséng Ammi an ech hu Seils (Jeng Mathes) an Nidderbann an de Wisen am Groum gehollef, ongeféier hannert dem Haus Steyer John. Dat Haus huet deemools nach nët bestanen; d'Stéck selwer war mat Feldbounen ugeplanzt. Op eemol war d'Luucht voller Jaboen, déi, een nom aneren, d'Kolonn Gefierer zu Ruedt op der Syrbréck an op der Eisebunn mat Bordwaff beschoss hun. Iwwert is, op d'manst hate mir déi Impressioun, hu se d'Kéier gemaach, dann erofgaangen a nees lassgeballert. A Panik hu mir all Geschir, Gafel a Reech, trëlle gelooss, si gelaf, is dur geworf, wann et gerabbelt huet, bis mer uewen op der Kopp, déisäit der Stroos, am Gruef leie bliwwe sin. Seils Gréit, dat schon e puer Jar weider um Bockel hat wéi mir, as bis an d'Feldboune getierkelt, huet sech fale gelooss, an huet, esou haart et konnt, de Vater unser an de Gegrüßet seist du Maria, ëmmer nees gebiet. Mir och hun, mengen ech, wann zwar nët haart, matgebiet. Dat war de 9.9.1944. D'Joffer Marie Kirch as deemools an hirem Haus zu Ruedt (haut d'Haus N° 27 vum Jean Kirch an der Ouljer Stroos) op der viischter Dir, vun enger Kugel déidlech blesséiert gin, wéi se wollt kucken, wou dee Krach do hierkéim.

Zu Honnerte sin d'Zaldoten zu Fouss am „Gänsemarsch" duurch d'Duerf kom, hun all Vëlo dee se fond hun, geholl, fir nëmme séier fortzekommen. Den Anegréits Mischi (Goergen) hat de ganze Krich e fonkelneie Vëlo bei sénger Tata verstoppt (haut d'Haus Muser P.). Well dat Haus esou no op der Strooss louch, duecht hien : „bréng en an Daangels (Mesenburg)." Jhust wéi en ënnerwee war koum e Grupp Zaldoten aus dem Milleneck an de Vëlo war ab.

De Fieseler Storch, e klenge Fliger, as ëmmer hin an hier geflugen. Hien huet per Funk d'Operatioune vun den Amerikaner geleet. Wéi e scho ganz no beim Duerf gekreest as, huet nach e Grupp SS eng Barrikad am Milleneck, beim Haus Weber J.P., haut Hilger Jos, opgeriicht. De Baueren hir Ween a Karen, Reechen a Kéiermaschinnen, hu se zesummegetrommt, d'Rieder erausgeholl an alles d'ënnescht an d'iewescht an der Strooss opgestapelt. Dat Ganzt hu se dann nach mat enger Charge Dynamit versin. Mä, knaps hate si de Réck gedréit, huet den Deserteur Rischard Pierre vun Zolver d'Charge entschäerft, an éier d'Amerikaner koumen, war d'Strooss nees geraumt.

Owes si mer all an d'Kellere gaangen, fir d'Nuecht méi sécher ze verbréngen. Mir hate kee Keller, an esou ware mir all a Wiertz (Arend J.P.). Kee wousst wat nach kënnt geschéien. Eng Zäit hat d'Wehrmacht Panzer op der Kopp hannert der Heck opgestallt, do wou haut d'Häiser Siebenaler-Scheuer a Ronck Frank stinn, d'Leef vun de Kanoune waren op d'Routuecht geriicht. Gott sei Dank ware se op eemol verschwonnen an hu sech den Amerikaner nët méi gestallt. Dat war den 11. September 1944.

Eng Kéier nuets as a Wiertz d'Kellerdir opgeflugen; de Folschette Marcel, deen eng Zäit als Deserteur um Widdebierg verbruecht huet, stoung virun is am Keller. En hat e laange schwaarze Baart, a knaschteg Gezei houng un him erof. An d'Äerm si mir him gefall an hu gekrasch vu Freed.

D'Amerikaner sin do!! Et war den 12. September 1944, en Dënsdeg.

„D'Klacke lauden zu Haf; de rout, wäiss, bloe Fändel fladdert héich uewen aus de Schallächer um Kiirchtur." - Alles as erausgelaf op d'Strooss. „Wou sin se? Wou sin se? Et as bal nët ze glewen - si sin do, op der Breedestrooss, mat Spähween a klengen Autoen - Jeepen - et hat nach keen esou eppes gesinn.

Bloumen hun d'Leit hinne gereecht an zougeworf. Lieweg Amerikaner, a sandfaarweg-gréngen Uniformen: Blousonen mat Tiretten, - keng Paltonge mat Knäpp a Liederréimen ; Schong mat Gummissuelen, - keng héich Stiwwele mat eise Neel beschloen; Helme mat gréngen, enkmaschege Netzer, - nët blénkeg gewichst; kleng Wénkelen um Aarm vum Blouson ugebutt, - keng Polletten op de Schëlleren.

Elo sollt dee Spuk vu véier Jar Angscht eriwwer sin. D'ganzt Duerf as zesummegelaf. Den Dag drop louchen d'Wisen an der Hullemillen, vu Menster bis op Ruedt, - do stoung nach keen Haus - voll Amerikaner. De Fieseler Storch huet schon iwwert de Widdebierg gekreest. D'Leit hun d'Fändelen erausgehaangen. En onorganiséierte Cortège huet sech automatesch a Bewegung gesat, duurch d'Stroosse vum Duerf, vun engem Café an deen aneren. Alles huet gelaacht a gesongen, alles war iwwerglécklech.

Am Krich hate mir Menster och alt Chance. Obscho vill Jongen desertéiert haten, war keng Familjen am Duerf deportéiert gin, an elo huet d'Wehrmacht sech bis déisäit d'Musel zréckgezugen. D'Bréцcken op der Musel goufe gesprengt an d'Dierfer goufen evakuéiert. Mir louchen am Schouss vu Widdebierg a Kreckelsbierg, déi d'Grenz gemaach hun. Fluesweiler, Beyeren, a vun do bis op d'Musel, gouf alles evakuéiert. D'Leit mat hire Päerd an hire Béischten, mat Karen, Ween, Handweenercher a Stousskaren, sin zréck an d'Land kom. Éist Duerf war voller Leit. An zesoen all Haus waren Evakuéierter; hun do geess a geschlof; d'Kanner si mat an d'Schoul gaangen.

D'Evakuatioun vu méngem Papp sénger Famill vu Bech bei Iechternach hun ech hautno materlieft. Kontakt iwwer Tëlefon mat Bech war nët méi méiglech, an esou huet mäi Papp beschloss, mam Vëlo kucken ze fueren. Dat war den 20.10.1944.

Mir zwéi sin dann mat de Rieder iwwert Ouljen, Betzder bis op Haastert kom. Vis-à-vis vun deër klenger Kiirch, hannert der laanger Mauer an de Wisen, stoungen zéch Kanounen, déi op eemol lassgeballert hun. D'Angscht, déi ech hat, wousst mäi Papp ze verdreiwen andeems e sot: „Et knuppt zwar onheemlech, mä mir si wäit hannert der Front."

D'Amerikaner hun is duurchgelooss an esou si mir iwwer Biwer, duurch d'Buddelerbaach op Bech kom. - Do waren d'Leederween an d'Kare scho bei de Baueren mat de Päerd bespaant, fäerdeg fir fort. Éis Famill hat zwou Kéi an e Bautz, awer kee Päerd. „Fuer heem, sot mäi Papp, da frees de den Daangels Mätti (Mesenburg) hie soll mam Camion kommen." Esou séier ech konnt sin ech dee selwechste Wee nees zréckgerannt; ech hun de Mätti och fond dee mer sot : „Ech géing fueren, wann ech Bensin hätt." Den Amerikaner, matt deenen ech scho méi befrënnt war, hun ech mäi Problem expliziéiert an ech krut e puer Kane Bensin. Iwwerglécklech sin ech du nees mam Mätti op Bech gefuer. Trotz allem Misär war dat eng Erléisong. De Camion, deen héich Brieder laanscht d'Säit hat, gouf mat all Méiglechem belueden; d'Béischte goufe bei enger héier Mëscht mat Seler eropgezugen; méngem Papp säi Vëlo gouf bausse laanscht d'Säit un d'Brieder ugestréckt. D'Gued an d'Tata krute Plaz an der Cabine. De Monni, d'Cousine, mäi Papp an ech waren hannen drop.

Mat Kräische vun éise Leit huet de Camion, e Ford, demarréiert a sech an déi zéch kilometerlaang Schlaang vun den Evakuéierten agereit, déi Richtung Jonglënster sech bewegt huet. Am Schlekentempo si mir virukom, laanscht d'Leit, déi zu Fouss en Handweenchen oder eng Stousskar geschleeft hun.

D'Béischte koumen a Kleppesch (Morbach), haut Hermann-Georg Ch., an de Stall. Esou krut och d'Tata an de Monni (Ludwig-Hurt)an deem Haus eng Kummer. Déi Zäit hat méng Mamm vill Aarbecht. Un éisem Dësch waren all Dag dräi bis fënnef Kaschtgänger weider. Méngem Papp säi Vëlo, dee laanscht d'Säit vum Camion houng, war laanscht d'Beem geschruppt a komplett verbéit gin.

Éis Gued, (méngem Papp séng Mamm) déi an den achtzeger war, huet dat Verloossen a Plënneren nët méi iwwerlieft. Si as bei hirer Duechter Anna (Friederich-Hurt) zu Péiténg verscheed. Hiirt Begriefnes zu Bech, wat jo nach Sperrzon war, huet nëmmen am ganz enke Familjekrees stattfond.

De fënnefte Mäerz 1945 konnten déi Becher nees heem an hir Häiser goen.

Och ëmmer méi Amerikaner sin am Duerf aquartéiert gin: am Veräinsbau, wou haut d'Schoul steet, de Säll vun de Cafeën, an de Privathäiser wou nach Plaz war. E Shermanpanzer krut d'Kéier nët op der Haaptstrooss an huet eng héich Trap bei Scheier Gréit (Ehleringer-Muller) séngem Haus ewechgerappt, do wou haut d'Bushäische steet, nieft dem Haus Gehlhausen. Eng hëlzen Trap koum provisoresch amplaz. Op der Kléiwiss, wou haut d'Autobunn duurch geet, stoungen d'Kanounen, déi iwwert d'Musel an Däitschland geschoss hun. Permanent si Fliger eriwwer gaangen, déi hir Bommen déisäit erofgehäit hun. Mir konnte gesinn wéi déi däitsch Flak op d'Avionen gefeiert huet. Den Himmel war voll schwaarzer Punkten (Schrapnell). Mir ware frou ze gesinn, datt et keng Volltreffer gi sin, a jhust an deem Moment krute mir eng ganz traureg Noriicht, d'Noriicht, datt den Demoulling's Mayi mat séngem Vëlo mat engem amerikaneschen Auto

op der Kräizong Chaussi an Haaptstroos zesummegestouss wir. D'Amerikaner hun hie matgeholl, mä all Hëllef koum ze spéit. Hien as am Militärspidol zu Esch-Uelzecht, den 23.12.1944, am Alter vu bal 15 Jar, gestuerwen. Laang wousst d'Famill nët wou hie wir a wat mat him wär; de Welter Jacques vun Esch, e fréiere Menster, huet hien opfond an der Famill déi traureg Noriicht iwwerbruecht. Wéi war dat deemools zu Esch? - Op déi Fro weess dem Jacques Welter séng Duechter Annette eng Äntwert:

«D'Amerikaner haten hiirt Lazarett zu Esch an der Primärschoul «op Dellhe'cht», an der Spidolstrooss, agericht. E gewëssen Här Useldinger war Portier an deër Schoul. Ënner anerem gouf hie vun den Amerikaner gewuer, datt e verongléckte Jong zu Menster u sénge Verletzunge gestuerwe wir.

Den Här Useldinger war e gudde Bekannte vu méngem Papp a wousst och datt hien e Menster wir. Duerfir louch näischt méi no, wéi méngem Papp déi Noriicht ze iwwerbréngen.

Bekëmmert wéi mäi Papp da war wann dat Wuert Menster gefall as, huet e sech direkt mat Menster a Verbindung gesat a krut deen Onfall leider ochbestätegt; an esou as de Mayi deemools identifizéiert gin.»


D'Liewen as virugaangen. Enn Dezember 1944 as d'Rundstedtoffensiv iwwert éist Éisléck eragebrach. E neit Fäerten huet sech nees breetgemaach: Soll dach dem Hitler séng „Geheimwaff Wourécht gin?"

D'V 1 an d' V 2 , Rakéiten, wou bis elo kaum een dervu geschwat huet, sin zesoen all Dag iwwert éist Duerf, Richtong Norden (an England, gouf gesot) mat engem Geräisch vu - blub-blub-blub an engem laange wäisse Schwäif, geflugen.

Och éis Amerikaner si méi virsiichteg gin. Hannert Huemes, vis-à-vis vum Centre Culturel (haut Walentiny-Mergen) hu se e Lach vun ± 10 x 10 x 2 Meter gebaggert fir eng Kanoun (Panzerabwehr) eventuell ze installéieren, déi d'Strooss vu Ruedt erop sollt a Schach halen.

Ëmmer méi Frëndschafte mat den Amerikaner sin entstanen. Schokela, Knätschgummi, Zigaretten: Chesterfield, Camel, Lucky Strike, Philip Morris, asw., schnéiwäiss Brout, Corned beef, hu se verdeelt. Och Schong mat Gummissuelen huet ee fir e Liter Quetsch kritt, e Gedrénks wat si besonnesch appreciéiert hun. „How do you do" huet et ëmmer nees geheescht, wann ee sech gesinn huet. - Wien




JESUS! MARIA! JOSEPH!

Zum frommen Undenken

un eise le'wen, gudde Jong, Brudder, Cousin a Neveu

Mayi Demoulling

gestuerwen un de Folgen vun engem Ongléckställ am Militärspidol zu Esch den 23. Dez. 1944, am Alter vu bal 15 Jöer.

*An éiser deemoleger Jugendequipe war de Mayi en talentéierten, dribbelstaarke Spiller.*

hätt zu Menster nët de Mätt, de Sänti (säi Mupp) a säi Jeep kannt? Méi wéi eng Kéier as de Nette Jos. (Bremer, gebuer 1930) mat dem Fraschten Ed. (Engel, gebuer 1933), heemlech mat deër Jeep op de Widdebierg geridden. Nom Krich (1946) huet de Mätt Peterson d'Julie Bremer, dem Jos. séng Schwëster, an Amerika bestued.

D'Angscht virum Hakekräiz war op eemol wéi ewechgeblosen. A Gruppe sin d'Zaldote mat hiren Autoen de Péines aus, Richtong Front gefuer. Owes ware si deelweis nees zréck am Duerf, hun hiirt Gezei gedréchent an an d'Rei gemaach ; mat de Leit den Owend verbruecht, Kaart gespillt (Rammi) oder mat der Millchen, oder Mensch ärgere dich nicht. Dacks hu si och eescht dragekuckt an hate verkraschen Aen. Et hun der gefeelt, déi den Dag virdrun nach mat gelaacht a gespaasst haten. De Wanter war haart, vill Schnéi as ëmmer nees gefall. Eemol Mëttes hu se e blesséierten Zaldot bruecht, no engem Dokter gefrot, - et gouf awer keen, - dach, eng Krankeschwëster, d'Joffer Schmit Margréit (Baach um Floufank). An der Stuff op den Dësch as den Zaldot geluecht gin, mä all Hëllef koum ze spéit. En däitsche Scharfschützen hat zu Donwen den Amerikaner jhust ënnert den Helm, duurch d'Schlagoder am Hals, geschoss. Vill Menster Leit hate sech spontan bei Baach versammelt, wéi de Schräiner Jos. Streff an de Luss Demoulling als Dolmetscher an Interpret mat enger Doudelued koumen, fir dee gefalenen Zaldot anzesargen. D'Zaldoten hun awer ofgewénkt a soten: „Thank you very much, but no coffin, please." An enger Zeltplan as de Gefalenen no Hamm op de Militärkiirfecht bruecht gin. - Mir waren all traureg, hu mir is dach engersäits mat éise

Befreier gefreet, esou hu mer dach och anersäits mat hinne gelidden.

Engem grousse Stress waren déi Zaldoten ausgesat, an et koum vir, datt een oder deen aneren duurchgedréit huet. Esou gouf, Enn 1944, am Café Emering, de Nic. Ludwig vu Beyeren kuurzerhand erschoss. D'MP huet gläich duerno den Zaldot ofgefouert. Säi weidert Schicksal as nët bekannt.

Mat dem Iwwersetzen iwwert d'Musel vun den Amerikaner sin ugangs Mäerz 1945, no a no, déi evakuéiert Leit nees heem an hir Dierfer gaangen. Och d'Amerikaner, un déi ee sech gewinnt hat, waren op eemol verschwonnen. Éis Jonge koumen aus der Gefaangeschaft erëm; éis Grande-Duchesse Charlotte koum nees heem an de Palais, wou um Balkon mir si nees mat hirer Famill konnte begréissen, mat engem euphoreschen Vive, Vive, Vive; éis Groussherzogin an hir Famill, éise Garant vu Fräiheet an Onofhängegkeet.

D'Liewen an éisem Duerf huet sech lues a lues, mä ouni Angscht, normaliséiert. Nach eng Zäit laang sin d'Deutsche Mark an och d'Tickeë bäibehale gin.

1945 ware Neiwalen an der Gemeng. De Buergermeeschter Jean Barthel a séng nei Konselljeën Meyer Maurice an Dondelinger Jean-Pierre, sin erëm activ gin. D'Sekretariat, d'Recetten an den Etat Civil goufen nees zu Ruedt am Gemengenhaus installéiert.

Esou wéi all ondemokratesch, nët vum Vollek gewielten Autoritéiten, keen héie Stellewäert hun, esou huet direkt nom Krich kee méi déi am Krich imposéiert „Führung", weder gemësst, nach geuecht. Sou wéi déi gehaassten, gefaarten, faarweg Uniformen ëmmer méi blatzeg gi sin, sou sin och d'Figure vu .....führer a .....leiter ënnergaangen. D'Jhustiz huet sech ëm si gekëmmert.

Sécherlech kënnt nach munnchereen aus éisem Duerf nach Beispiller vun Oppositioun, Suergen an Angscht ugin; et sief dach en Ënnerscheed gemaach tëschent deër Angscht heiheem am Duerf an deër Doudesangscht, déi d'Internéiert am Lager, am Prisong, am KZ, éis Zwangsrekrutéiert an der Front an a Gefaangenschaft, auszestoen an auszehalen haten: Eng Doudesangscht, gepéngecht a gefoltert ze gin, krank ze gin, ze stierwen, ze falen, d'Hemecht nët méi erëmzegesinn. Esou och d'Doudesangscht vun den Desertéierten, an hirer Stopp erwëscht an dann ëmbruecht ze gin.

Mir vun deemools a mir vun haut sollten dat ni vergeessen. Éier duerfir éise Gefalenen an allen, déi duurch hiren Affer, zou éiser Fräiheet an Onofhängegkeet beigedroen hun.

- Haut gehéiert déi Zäit vum Krich zur Geschicht. - Haut steet, Gott sei Dank, den Zuch vu Fräiheet a Fridden um richtege Gleis. - E soll ni méi entgleisen!

VIVAT EUROPA

Jean Hurt

P.S. Fir d'Mathëllef (Renseignementer, Dokumenter a Photoën) soen ech allen en opriichtege Merci. E spezielle Merci éisem Photograph Roby Schiltz, éiser Dactylo Sylvie Demoulling-Schiltz, éisem Layouter Carlo Brancaleon.

Nach eng kleng Paranthees wëll ech hei opmaachen: d'lescht Jar huet de Fern. Arend, de Schmadd, mir eng präzis Beschreiwung gin vun deenen zwee Evenementer déi sech am Krich a Mokels, an hirem Haus, ausgedroen hun. - E Sonndeg, den 1.2.1998, souz hien nach am Centre Culturel bei mir um Dësch. E Méindeg, den 2.2.1998, op Liichtmëssdag, huet hien is onerwaart verlooss.

Hei, bei Geleënheet vum 60ten Anniversaire vum F.C. SYRA, wëll ech him merci soën fir déi schéin Zäit, déi mir zesummen an éisem Futtball verbruecht hun; merci fir alles, wat hien do geleescht huet.

Wien hätt deemools de „Wäissen" nët kannt ? - Um Terrain war hie vu Frënn a Géigner geuecht a respektéiert. Séng Begeeschterong a séng Ausstralong hun is ëmmer nees matgerass, esouwuel am Match wéi och nom Match. Zwou kleng Episode wäert ech ni vergeessen: - an enger Generalversammlong huet de Sekretär erofgelies wéivill Goaler jiddereen an der Saison geschoss hat. Wéi e fäerdeg war, seet de Fern : „Dee Rapport do as nët komplett, et steet nët dran, wéivill Goaler de Niki (Scholtes) an ech am „back" verhënnert hun, a wivill Goaler de Goetz am Goal gehalen huet.

- Eng aner Kéier hu mir a Mokels iwwert dee nächste Match gefachsimpelt. D'Bomi (séng) huet eppes dovu matkritt a sot op eemol: „Loosst déi Minsber och emol eng Kéier gewannen". - Seet de Fern. : „Da spillt deen hei nët mat."

Séng Offenheet, séng Serenitéit a säin Talent hun him vill Sympathien abruecht.

„Déng Futtballsfrënn wäerten dech ni vergeessen !

Dénge Leit sief déi grouss Bedelegong um Begriefnes en Trouscht an hirem Leed.

Äddi Fern.
Menster, den 8.2.1998
*Jang*